

# DE FUUSS

## INFORMATIOUNEN AUS DER GEMENG WALDBËLLEG

3 | 2024

BULLETIN COMMUNAL

*Coverfoto: Roland Wagner*
*Foto: Pierre Haas*



# DËST STEET HEI DRAN

Virwuert 3

## D'GEMENG
## *LA COMMUNE*

Gemengerot 5
Conseil communal 10
Zivilstand // État civil 16
Mir gratuléieren 17
Interview mam Romain Tobes, Gemengeconseiller 18
Interview mat der Rosa Machado, Mataarbechterin vun der Gemeng 20
Noruff op de Roger Pinnel 21
Nationalfeierdag – 22. Juni 2024 22

## SCHOUL & MAISON RELAIS
## *ÉCOLE & MAISON RELAIS*

Schoul 29
Präsentation der Enovos Energiesparkits in der Grundschule in Waldbillig 34
Maison relais 35

## VERÄINER
## *ASSOCIATIONS*

Jonk & Al 39
D'Aeromodelliste vu Chrëstnech 45
Turnveräin ËMMER FIT 48
D'Waldbëlleger Musek 50

## KULTUR A GESCHICHT
## *CULTURE ET HISTOIRE*

Lëtzebuerg, Kräizpunkt vu Sproochen a Kulturen 53
Ons Heemecht am Krich. 80 Joer duerno 63
Société préhistorique luxembourgeoise S. P. L. 68

## LIEWEN AN DER GEMENG
## *VIE RURALE*

Duerffest 71
Präisiwwerreechung TOUR du DUERF 2023 74
Mat der Séissel d'Biodiversitéit am Gaart erhalen 75
Club Aktiv Plus An der Loupescht 76
Mëllerdall-Plage 2024 79
Bummelbus 80
Ultratrail Mëllerdall Lëtzebuerg 81
CIGR 82
Zesumme lafen 83
Krautwëschdag zu Waldbëlleg 84
Adventsfënsteren 2024 85
En neie Restaurant um Golf 86
Den neie Restaurant op der Millen 87

## KLIMAPAKT AN NATURPAKT
## *PACTE CLIMAT ET PACTE NATURE*

Klimateam 89
E Gaart ouni Schleekegëft: dat ass méiglech! 91
Resultater vun der $NO_2$-Miesscampagne an der Gemeng Waldbëlleg: „Besser Loft fir méi Liewensqualitéit" 92
Klimapaktworkshop 93
Eege Stroumproduktioun 94
GoGo VELO 96
Reewaasser clever notzen 97
Elektromobilitéit 98
Reparieren geht (meistens) über Neuinvestieren 100

## WAT ASS LASS?
## *QUE FAIRE ?*

Agenda 103
Gemengerot 105
Restauranten a Café 105
Mount vum Bongert 106
Chrëschtmaart op der Heringer Millen 2024 107

# VILL FREED BEIM LIESEN!
# *BONNE LECTURE !*



**Impressum**

Redaktioun vum FUUSS: Marc Barthelemy,
Luc Friedrich, Yolande Kirsch, Corinne Meyers,
Isabelle Oberlé a Karin Enser fir d'Korrekturen
Reegelméisseg Fotoen: Damaris Pletschette,
Olivier Glod, Georges Koster
Hëllef op der Gemeng: Pit Beckené, Martine Dimmer,
Andrée Henx-Greischer, Kim Ruppert, Filipe Soares,
David Sonnetti

Grafesch Gestaltung: Susanne Hangarter
Drock: Imprimerie de l'Est, Iechternach.
Responsabelen Éditeur: Gemeng Waldbëlleg

*Ënnerschriwwen Artikelen drécken d'Vuë vun den Auteuren aus a ginn ënnert hirer Responsabilitéit publizéiert.*
*Am FUUSS gëtt meeschtens net gegendert, mee de Generis masculinum geholl. Frae gi mat si/se bezeechent.*

# VIRWUERT

## Léif Awunnerinnen an Awunner vun der Gemeng Waldbëlleg,

mir hoffen, dass Dir schéi Summerméint hat a freeën eis, fir Iech den drëtten De FUUSS fir d'Joer 2024 ze presentéieren.

Eis verschidde Chantiere komme ganz gutt virun: Beim Ausbau vun der Gemeng ass den Daach fäerdeg an d'Fënstere gi geschwënn agebaut. Den Ausbau vun der Maison relais ass fäerdeg, et sinn 42 Plaze bäikomm. Esoubal den Agrément do ass, kënnen déi nei Säll genotzt ginn. Bei der Buvette vum Fussball ass de Réibau mam Daach ofgeschloss an d'Bannenaarbechte gi gutt virun.

D'Beliichtung vum Terrain gouf erneiert an op LED ëmgesat.

D'Aarbechte vun der Verlinkung vun de Quellen Härebuer a Schéissendëmpel si bal ofgeschloss. Déi nächst Aarbechten un der Waasserversuergung, sinn déi un der Drockleitung vun der Pompstatioun Mëllerdall op Waldbëlleg.

Beim Chantier vun der Bëlleger Baach am Mëllerdall sinn d'Aarbechte gutt virugaangen. D'Bréck ass fäerdeg an och d'Renaturatioun vun der Baach a Richtung Schwaarz Iernz.

De Rond-point op der Präiteler Bréck gëtt am Oktober ageweit. Mir hoffen, dass d'Aarbechten un der Strooss vum Schéissendëmpel a Richtung Mëllerdall endlech uginn.

Mir si frou, dass de Restaurant vun der Heringer Millen nees seng Diren opgemaach huet, genausou wéi de Golf an de Restaurant vum Petite Suisse Country Club. Mir freeën eis och iwwer eng nei Aktivitéit zu Haler mam Betrib La Bottega.

Mir wënschen Iech vill Freed beim Liesen a géifen eis freeën, Iech op där enger oder anerer Manifestatioun an eiser Gemeng ze begéinen.

*Äre Schäfferot*

**D'Adress vun der Gemeng:**
**7, Fielserstrooss, L-7640 Chrëschtnech**



# D'GEMENG // *LA COMMUNE*



*Foto: Damaris*

# GEMENGEROT

Vun de Sëtzungen am Gemengerot ginn am FUUSS d'Decisioune publizéiert, déi de Gemengerot geholl huet.

D'Audio-Opname vun den Debatte ginn als Audiodatei um Internetsite ***www.waldbillig.lu*** fir sechs Méint gespäichert, an der Rubrik ***Quotidien*** mam Titel ***Séance du conseil communal***.

# GEMENGEROTSSËTZUNG 2024/4

**Sëtzung vum Méindeg, 03.06.2024**

Et waren do:

// HENX-GREISCHER Andrée, Buergermeeschtesch,
// BOONEN Serge,
// MEYERS Corinne, Schäffen,
// BERENS Christian,
// GOEDERT Jeannot,
// KIRSCH Yolande,
// MICHELS Mike,
// TOBES Romain, Conseilleren,
// DIMMER Martine, Sekretärin.

Entschëllegt:

// BENDER Maxime, Conseiller.

De Conseiller BENDER Maxime huet dem Conseiller MICHELS Mike eng Procuratioun ginn, fir a sengem Numm ze stëmmen.

**Dagesuerdnung**

**Net ëffentlech Sëtzung**

| | |
|---|---|
| 2024-04-01 | Ernennung vun engem Receveur. |
| 2024-04-02 | Schoulorganisatioun vum Fondamental fir d'Schouljoer 2024/2025: Lëscht 1, Propose fir d'Affektatioun vun de Kandidaten op déi fräi Poste fir d'Léierpersonal vum Fondamental. |

**Ëffentlech Sëtzung**

| | |
|---|---|
| 2024-04-03 | Provisoresch Schoulorganisatioun fir d'Schouljoer 2024/2025. |
| 2024-04-04 | Entwécklungsplang iwwer d'Schouletablissement fir d'Joren 2024-2027. |
| 2024-04-05 | Plang fir ausserschoulesch Betreiung fir d'Joren 2024-2025. |
| 2024-04-06 | Schafe vun engem Poste fir e Fonctionnaire an der Carrière B1, am technesche Beräich. |
| 2024-04-07 | Approbatioun vun enger Primm fir e Salarié vun der Gemeng. |
| 2024-04-08 | Entscheedung iwwer d'Exploitatioun vum Camping an der rue des Rochers am Mëllerdall. |
| 2024-04-09 | Restanten-Etat vum Joer 2023. |
| 2024-04-10 | Gebrauch vum Virkafsrecht fir de Kaf vun zwou Parzellen zu Haler. |
| 2024-04-11 | Programm 2025 fir d'Verbesserungsaarbechten an d'Astandsetzung vun de Feldweeër. |
| 2024-04-12 | Procès-verbal an Ofrechnung vu verschiddene Projete fir d'Erneiere vun de Feldweeër. |
| 2024-04-13 | Ufro, fir datt e Kand, wat net an der Gemeng wunnt, kann hei an d'Schoul goen. |
| 2024-04-14 | Ëmännere vum Numm vun der Integratiounskommissioun. |
| 2024-04-15 | Ufroe fir en aussergewéinleche Subsid. |
| 2024-04-16 | Informatioun iwwer de méijärege Finanzplang (PPF). |
| 2024-04-17 | Subsidufroen. |
| 2024-04-18 | Verschiddenes. |

**De Gemengerot:**

**1.** ernennt d'Madamm Kim RUPPERT als Gemenge-receveur vun der Gemeng Waldbëlleg op den 1. November 2024

**2.**

a) proposéiert d'Madamm Tanja TRIENEKENS ze affectéieren op de fräie Poste fir Léierpersonal zu 100 % am C1 fir d'Joer 24-25,

b) proposéiert d'Madamm Julie LIPPERTS op ee vun deene fräie Poste fir Léierpersonal am C2-4 zu 100 % fir d'Joer 24-25 ze affectéieren an d'Madamm Catherine Marie SCHWARTZ op den aneren,

**3.** hält eestëmmeg d'Schoulorganisatioun fir de Fondamental fir d'Schouljoer 2024/2025 fest,

**4.** approuvéiert eestëmmeg den Entwécklungsplang fir d'Waldbëlleger Schoul fir d'Joren 2024-2027,

**5.** approuvéiert eestëmmeg de Plang fir déi ausserschoulesch Betreiung fir d'Joren 2024-2025,

**6.** entscheet nominell mat 5 Stëmme géint eng Stëmm (Conseiller Bender) an 3 Enthalungen (Conseilleren Goedert, Michels an Tobes) e Fonctionnairesposten an der Carrière B1, am technesche Beräich ze schafe mat 40 Stonnen d'Woch, fir dem Service technique an dem Service des bâtisses ze hëllefen,

**7.** bewëllegt mat 6 Stëmme géint 1 Stëmm (Conseiller Bender) an 2 Enthalungen (Conseilleren Michels an Tobes), dem Här Kim SCHEUREN eng Primm vun 200 € de Mount auszebezuele fir seng Disponibilitéit ausserhalb vun den Aarbechtsstonnen fir d'Iwwerwaache vun der Heizzentral,

**8.** gëtt eestëmmeg säin Accord iwwer d'Ariichte fir Stellplazen um Camping an der rue des Rochers am Mëllerdall an d'Opdeelung vun de Käschten tëscht dem Syndicat d'initiative et de tourisme vu Waldbëlleg an der Gemeng,

**9.** entscheet eestëmmeg, follgend Beträg festzehalen:

| | Ordinäre Service | Extraordinäre Service |
|---|---|---|
| Provisoresch Reprisen | 52.629,20 EUR | 52.629,20 |
| Hannerloosse vu Scholden | 1.215,57 EUR | 1.215,57 |
| Total | 53.844,77 EUR | 53.844,77 |

bewëllegt dem Schäfferot déi betraffen Debiteuren rechtlech unzesichen,

**10.** verzicht eestëmmeg op säi Virkafsrecht vun den zwou Parzellen 888/2433 an 889/2430 Sektioun A zu Haler,

**11.** hält eestëmmeg de Programm vum Joer 2025 fir d'Erneierungsaarbechte vun de Feldweeër wéi follgend fest:

| Uertschaft | Sektioun | Lieu-dit | Aarbechten | Längt |
|---|---|---|---|---|
| Chrëschtnech | C | Beim Keizenbour/ Im Kitzebour | Neie Belag an Uewerfläche-profil | +/- 1.460 m |
| Chrëschtnech | C | Beim Heffinger-moor | Neie Belag an Uewerfläche-profil | +/- 800m |

**12.** approuvéiert eestëmmeg d'Ofrechnunge fir verschidden Erneierungsaarbechte vun de Feldweeër,

**13.** entscheet eestëmmeg, e Bréif un déi betraffen Elteren ze schécken, fir si drop hinzeweisen, dass d'Ufro virum 1. Juli 2024 muss un d'Gemeng adresséiert ginn, fir dass d'Kanner, déi net hei an der Gemeng wunnen, weiderhi kënnen an d'Schoul zu Waldbëlleg goen. Anerefalls mussen d'Kanner an der Gemeng an d'Schoul goen an där se wunnen,

**14.** entscheet eestëmmeg, den Numm vun der Integratiounskommissioun emzeänneren a Kommissioun vum interkulturellen Zesummeliewen,

**15.** stëmmt eestëmmeg:

en aussergewéinleche Subsid an Héicht vun 1.500 € fir d'Fiissercher a.s.b.l. am Kader vun der Organisatioun vun hirer Marche gourmande den 29. Juni 2024 fir hir 30 Joer,

en aussergewéinleche Subsid an Héicht vun 2.000 € fir d'Kalatou a.s.b.l. als Ënnerstëtzung fir den Transport vu Schoulmiwwelen an den Togo,

**16.** entscheet eestëmmeg, follgende Veräiner e Subsid an Héicht vu 75 € zouzespriechen:

- Médecins sans frontières
- Handicap International
- Ile aux clowns
- Ambulanz Wonsch
- Rokku Mi Rokka asbl ONGD
- Unicef
- Lux-Lagos asbl
- OTM Haïti

# GEMENGEROTSSËTZUNG 2024/5

**Sëtzung vum Donneschdeg, 11.07.2024**

Et waren do:

// HENX-GREISCHER Andrée, Buergermeeschtesch,
// BOONEN Serge,
// MEYERS Corinne, Schäffen,
// BENDER Maxime,
// BERENS Christian,
// GOEDERT Jeannot,
// KIRSCH Yolande,
// MICHELS Mike,
// TOBES Romain, Conseilleren,
// DIMMER Martine, Sekretärin.

Entschëllegt : / .

**Dagesuerdnung**

**Ëffentlech Sëtzung**

| | |
|---|---|
| 2024-05-01 | Bewëllegung vum ugepassten Devis betreffend den Ausbau vun der Primärschoul vu Waldbëlleg. |
| 2024-05-02 | Bewëllegung vun engem kommerzielle Bail. |
| 2024-05-03 | Richtlinne fir d'Versuergung vun der Gemeng Waldbëlleg vum Juli 2024 aus un am Kader vum Klimapakt. |
| 2024-05-04 | Festleeë vun der Indemnitéit déi d'Veräiner vun der Gemeng kréie fir hir Hëllef um Nationalfeierdag 2024. |
| 2024-05-05 | Entscheedung iwwer d'Éierung vun de verdéngschtvolle Sportler. |
| 2024-05-06 | Konventioun mat der a.s.b.l. Valorlux fir d'Asammele vu Verpackungen a fir d'Käschte vun Asammelen, Botzen, Transport a Veraarbechtung vu verschiddene Plastiksproduiten. |
| 2024-05-07 | Ufro fir d'Deele vun engem Terrain zu Haler. |
| 2024-05-08 | Ufro, fir datt e Kand, wat net an der Gemeng wunnt, kann hei an d'Schoul goe fir d'Schouljoer 2024-2025. |
| 2024-05-09 | Approbatioun vun Notairesakten. |
| 2024-05-10 | Entscheedung iwwer d'Ausüben oder d'Zeréckziehe vum Virkafsrecht fir Parzellen zu Chrëschtnech. |
| 2024-05-11 | Fixéiere vum Taux fir d'Grondsteier 2025. |
| 2024-05-12 | Fixéiere vum Taux fir d'Gewerbesteier 2025. |
| 2024-05-13 | Subsidufroen. |
| 2024-205-14 | Verschiddenes. |
| 2024-205-15 | Geméiss dem Artikel 13 vum ofgeännerte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988, freet de Conseiller Tobes d'Buergermeeschtesch schrëftlech follgende Punkt op der Dagesuerdnung bäizesetzen: Entscheedung iwwer den Ausbau vum Recyclingzenter Jonglënster. |

**De Gemengerot:**

**1.** approuvéiert eestëmmeg den adaptéierten Devis betreffend den Ausbau vun der Primärschoul zu Waldbëlleg,

**2.** gëtt eestëmmeg säin Accord zum kommerzielle Bail mat der Gesellschaft Kulinarik Millen S.à r.l. fir d'Heringer Millen,

**3.** entscheet eestëmmeg, d'Richtlinne fir d'Versuergung vun der Gemeng Waldbëlleg vum Juli 2024 aus un am Kader vum Klimapakt unzehuelen,

**4.** entscheet mat 8 Stëmme an 1 Enthalung (Conseiller Tobes), follgende Veräiner en aussergewéinleche Subsid an Héicht vu 400 € auszebezuelen, well si de Service op Nationalfeierdag assuréiert hunn:

FC Olympia Christnach an Elterevereenegung Waldbëlleg,

**5.** fixéiert den Tarif fir d'Éierung vu verdéngschtvolle Sportler op:

- 100 € fir individuell Sportler
- 500 € fir d'Ekippen

**6.** approuvéiert eestëmmeg déi nei Konventioun vum 11. Juni 2024 tëscht der Gemeng Waldbëlleg an der a.s.b.l. Valorlux fir d'Asammele vu Verpackungen a fir d'Käschte vun Asammelen, Botzen, Transport a Veraarbechtung vu verschiddene Plastiksproduiten,

**7.** bewëllegt eestëmmeg:

a) de Morcellement vun der Parzell 445/2084, Sektioun A vun Haler an dräi Lousen,

b) de Morcellement vun der Parzell 338/2428, Sektioun A vun Haler an zwee Lousen,

**8.** bewëllegt eestëmmeg d'Ufro, fir datt dräi Kanner, déi net hei an der Gemeng wunne fir d'Schouljoer 2024/2025 an d'Primärschoul zu Waldbëlleg, respektiv de Precoce kënne goen,

**9.** gëtt eestëmmeg säin Accord fir dräi Notairesakte betreffend eng Eegentumserklärung vum 18. Juni 2024 fir Parzellen zu Haler, Chrëschtnech a Waldbëlleg,

**10.** verzicht eestëmmeg, vum Virkafsrecht Gebrauch ze maache fir Parzellen zu Chrëschtnech,

**11.** entscheet eestëmmeg, de Prozentsaz vun der Grondsteier A a B fir d'Joer 2025 fir déi verschidde Kategorie vu Gebaier op 300 % festzeleeën,

**12.** entscheet eestëmmeg, de Prozentsaz vun der Gewerbesteier fir d'Joer 2025 op 250 % festzeleeën,

**13.** entscheet eestëmmeg, follgende Veräiner e Subsid an Héicht vu 75 € zouzespriechen:

- CSI Lëtzebuerg a.s.b.l.
- Special Olympics Luxembourg
- Fleegestatioun fir Wëll Déieren a.s.b.l.
- APEMH
- Fondatioun kriibskrank Kanner
- Action pour un Monde uni

entscheet eestëmmeg, kee Subsid un d'Associatioun Fédération luxembourgeoise de Tennis de table a.s.b.l. auszebezuelen,

entscheet mat 7 Stëmme géint zwou Stëmmen (Conseilleren Goedert a Michels), kee Subsid un d'Associatioun Tukwataniise a.s.b.l. auszebezuelen,

**14.** gëtt eestëmmeg säin Accord fir den Ausbau vum Recyclingzenter zu Jonglënster.

# GEMENGEROTSSËTZUNG 2024/6

**Sëtzung vum Dënschdeg, 23.07.2024**

Et waren do:

// HENX-GREISCHER Andrée, Buergermeeschtesch,
// BOONEN Serge,
// MEYERS Corinne, Schäffen,
// BERENS Christian,
// GOEDERT Jeannot,
// KIRSCH Yolande,
// MICHELS Mike,
// TOBES Romain, Conseilleren,
// DIMMER Martine, Sekretärin.

Entschëllegt:

// BENDER Maxime, Conseiller

**Dagesuerdnung**

| | |
|---|---|
| | **Net ëffentlech Sëtzung** |
| 2024-06-01 | Nominatioun vun engem Gemengebeamten am Gehältergrupp B1, techneschen Ënnergrupp. |
| | **Ëffentlech Sëtzung** |
| 2024-06-02 | Bewëllegung vun engem Verkafsakt. |
| 2024-06-03 | Bewëllegung vun engem Mietvertrag. |
| 2024-06-04 | Festleeë vum Präis fir de Réckkaf vun de schwaarze Poubellen am Kader vun den Adaptatiounen an der Offallgestioun. |
| 2024-06-05 | Verschiddenes. |
| | Wéi am Artikel 13 Alinéa 2 vum ofgeännerte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988 virgesinn, freet d'Buergermeeschtesch de Gemengerot e weideren urgente Punkt op der Dagesuerdnung bäizesetzen. D'Urgence gëtt vun all Member aus dem Gemengerot unerkannt an de Punkt 6. „Gebrauch vum Virkafsrecht fir de Kaf vu Parzellen zu Chrëschtnech" gëtt op der Dagesuerdnung bäigesat. |

**De Gemengerot:**

1. nennt d'Madamm Conny Eller als Gemengebeamtin am Gehältergrupp B1, techneschen Ënnergrupp fir 40 Stonnen d'Woch,

2. gëtt eestëmmeg säin Accord zum Kafvertrag vum 11. Juni 2024 fir Parzellen, déi an der Gemeng Waldbëlleg leie vun am Ganze 495,95 Ar,

3. gëtt eestëmmeg säin Accord zum Mietvertrag fir d'Bereetstelle vun engem Daach vun engem Haus am Mëllerdall fir d'Exploitatioun vun enger mobiller Telekommunikatiouns-Statioun vu POST Lëtzebuerg,

4. bewëllegt eestëmmeg den Tarif fir de Réckkaf vun de schwaarze Poubelle am Kader vun der Upassung vun der Offallgestioun,

6. entscheet eestëmmeg säi Virkafsrecht geltend ze maache fir d'Parzelle mat der Nummer 372/2124 mat 9,80 Ar, Nummer 392/2126 mat 25,80 Ar, Nummer 392/2127, mat 23,00 Ar, dëst fir verschidde Mesurë géint d'Iwwerschwemmungsgefor ëmzesetzen, wéi am Starkregenschutzkonzept vum Büro eepii ausgeschafft.



*Foto: Damaris*

# CONSEIL COMMUNAL

Les décisions du conseil communal, sont publiées au bulletin communal FUUSS. Il n'existe pas de rapport intégral des discussions.

Les débats sont enregistrés et publiés comme fichier audio sur le site ***www.waldbillig.lu*** pendant six mois, sous la rubrique ***Quotidien*** avec l'intitulé ***Séance du conseil communal***.

# RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL 2024/4

**Séance du lundi 03.06.2024**

Présents :

// HENX-GREISCHER Andrée, bourgmestre,
// BOONEN Serge,
// MEYERS Corinne, échevins,
// BERENS Christian,
// GOEDERT Jeannot,
// KIRSCH Yolande,
// MICHELS Mike,
// TOBES Romain, conseillers,
// DIMMER Martine, secrétaire.

Absent/Excusé :

// BENDER Maxime, conseiller.

Le conseiller BENDER Maxime a donné une procuration au conseiller MICHELS Mike de voter en son nom.

**Ordre du jour**

| | **Séance à huis clos** |
|---|---|
| 2024-04-01 | Nomination d'un receveur communal. |
| 2024-04-02 | Organisation de l'enseignement fondamental, année scolaire 2024/2025 : liste 1, proposition d'affectation et de réaffectation des candidat(e)s aux postes vacants d'instituteurs/trices de l'enseignement fondamental. |

| | **Séance publique** |
|---|---|
| 2024-04-03 | Organisation scolaire provisoire de l'année scolaire 2024/2025. |
| 2024-04-04 | Plan de développement de l'établissement scolaire (PDS), cycle 2024-2027. |
| 2024-04-05 | Plan d'encadrement périscolaire 2024-2025. |
| 2024-04-06 | Création d'un poste de fonctionnaire du groupe de traitement B1, sous-groupe technique. |
| 2024-04-07 | Approbation d'une prime salariale pour un salarié communal. |
| 2024-04-08 | Décision de principe portant sur l'exploitation du camping sis dans la rue des Rochers à Mullerthal. |
| 2024-04-09 | État des restants de l'année 2023. |
| 2024-04-10 | Exercice du droit de préemption concernant deux parcelles sises à Haller. |
| 2024-04-11 | Programme annuel 2025 concernant les travaux d'amélioration et de mise en état de la voirie rurale. |
| 2024-04-12 | Procès-verbaux de réception et décompte concernant divers projets de mise en état de la voirie rurale. |
| 2024-04-13 | Décision portant sur l'inscription d'enfants non-résidents à l'école fondamentale de Waldbillig pour l'année scolaire 2024/2025. |
| 2024-04-14 | Modification du nom de la commission d'intégration. |
| 2024-04-15 | Demandes de subside extraordinaires. |
| 2024-04-16 | Information sur le Plan pluriannuel financier (PPF) initial de 2024. |
| 2024-04-17 | Demandes de subside. |
| 2024-04-18 | Divers. |

**Le conseil communal :**

**1.** nomme définitivement Madame Kim RUPPERT receveur communal auprès de la commune de Waldbillig avec effet au 1er novembre 2024,

**2**

a) propose d'affecter Madame Tanja TRIENEKENS au poste vacant d'instituteur/trice au C1 à 100 % pour l'année 24-25,

b) propose d'affecter Madame Julie LIPPERTS à un des deux postes vacants d'instituteur/trice au C2-4

à 100 % pour l'année 24-25 et Madame Catherine Marie SCHWARTZ à l'autre des deux postes,

3. arrête unanimement l'organisation de l'enseignement fondamental pour l'année scolaire 2024/2025,

4. approuve unanimement le plan de développement de l'établissement scolaire dressé par le comité d'école de Waldbillig pour le cycle 2024-2027,

5. adopte unanimement le plan d'encadrement péri-scolaire (PEP) 2024-2025,

6. décide par scrutin nominal avec cinq voix contre une voix (le conseiller Bender) et trois abstentions (les conseillers Goedert, Michels et Tobes) de créer un poste de fonctionnaire communal du groupe de traitement B1, sous-groupe technique à raison de 40 heures par semaine pour assister le service technique et le service des bâtisses,

7. marque son accord avec six voix contre une voix (conseiller Bender) et deux abstentions (conseillers Michels et Tobes) d'allouer une prime salariale à Monsieur Kim SCHEUREN au montant mensuel de 200 € pour sa disponibilité en dehors des heures de travail normales dans le cadre de la supervision de la centrale de chauffage à bois paysager qui alimente les bâtiments communaux,

8. décide à l'unanimité des voix de donner un accord de principe favorable au projet d'aménagement d'emplacements pour camping-cars à Mullerthal dans la rue des Rochers, permettant la répartition des frais entre l'administration communale et le Syndicat d'initiative et de tourisme de la commune de Waldbillig et l'exploitation de ce camping.

9. Le conseil communal décide à l'unanimité des voix :

   1) d'admettre

| | Service ordinaire | Service extraordinaire |
|---|---|---|
| en reprises provisoires | 52.629,20 EUR | 52.629,20 |
| en décharges | 1.215,57 EUR | 1.215,57 |
| Total | 53.844,77 EUR | 53.844,77 |

   2) d'accorder au collège des bourgmestre et échevins l'autorisation de poursuivre en justice les débiteurs qui figurent au présent état avec la mention « à poursuivre »,

10. décide unanimement de ne pas faire valoir son droit de préemption concernant les parcelles 888/2433 et 889/2430 section A de Haller,

11. arrête à l'unanimité le programme annuel 2025 concernant les travaux d'amélioration et de mise en état de la voirie rurale comme suit :

| Localité | Section | Lieu-dit | Nature des travaux | Longueur |
|---|---|---|---|---|
| Christnach | C | Beim Keizenbour/ Im Kitzebour | Reprofilage et mise en oeuvre d'enrobés denses à chaud | +/- 1.460 m |
| Christnach | C | Beim Heffinger-moor | Reprofilage et mise en oeuvre d'enrobés denses à chaud | +/- 800m |

12. approuve unanimement les différents décomptes concernant divers projets de mise en état de la voirie rurale,

13. décide unanimement d'envoyer un courrier officiel aux parents concernés afin de les prévenir qu'en cas de non-réception d'une demande de fréquentation de l'école fondamentale de Waldbillig de leurs enfants pour le 1er juillet 2024, les enfants ne seront pas admis de poursuivre les cours à l'école fondamentale de Waldbillig et seront alors obligés de fréquenter l'école de leur lieu de résidence,

14. décide unanimement de dénommer dorénavant la commission d'intégration de la commune de Waldbillig commission du vivre ensemble interculturel.

15. accorde unanimement :

    - un subside de 1.500,00 € à l'a.s.b.l. d'Fiissercher dans le contexte de l'organisation de sa marche gourmande du 29 juin 2024 pour son 30e anniversaire,

    - un subside extraordinaire au montant de 2.000,00 € à l'association Kalatou a.s.b.l. à charge de l'article 3/191/648110/99001 - Subventions humanitaires internationales du budget 2024, afin de participer aux frais de transport de mobilier scolaire vers le Togo,



Foto: Damaris

**16.** décide unanimement d'accorder un subside de 75 € aux associations suivantes :

- Médecins sans frontières
- Handicap International
- Ile aux clowns
- Ambulanz Wonsch
- Rokku Mi Rokka a.s.b.l. ONGD
- Unicef
- Lux-Lagos a.s.b.l.
- OTM Haïti

## RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL 2024/5

**Séance du jeudi 11.07.2024**

Présents :

// HENX-GREISCHER Andrée, bourgmestre,
// BOONEN Serge,
// MEYERS Corinne, échevins,
// BENDER Maxime,
// BERENS Christian,
// GOEDERT Jeannot,
// KIRSCH Yolande,
// MICHELS Mike,
// TOBES Romain, conseillers,
// DIMMER Martine, secrétaire.

Absent/Excusé : / .

**Ordre du jour**

| | **Séance publique** |
|---|---|
| 2024-05-01 | Approbation du devis adapté relatif au projet portant sur l'extension de l'école fondamentale de Waldbillig. |
| 2024-05-02 | Approbation d'un contrat de bail commercial. |
| 2024-05-03 | Lignes directrices en matière d'approvisionnement de la commune de Waldbillig à partir de juillet 2024 dans le cadre du Pacte climat. |

2024-05-04 Indemnité à verser aux associations locales qui ont fait le service lors des célébrations de la Fête nationale 2024.
2024-05-05 Décision sur l'ovation des sportifs méritants.
2024-05-06 Convention avec l'a.s.b.l. Valorlux pour les systèmes de collecte sélective d'emballages et pour la prise en charge des coûts de collecte, de nettoyage, de transport et du traitement de certains produits en plastique.
2024-05-07 Demandes de morcellement de terrains sis à Haller.
2024-05-08 Demande d'inscription d'enfants non-résidents à l'école fondamentale de Waldbillig pour l'année scolaire 2024/2025.
2024-05-09 Approbation d'actes notariés.
2024-05-10 Exercice du droit de préemption concernant des parcelles sises à Christnach.
2024-05-11 Fixation des taux multiplicateurs de l'impôt foncier pour 2025.
2024-05-12 Fixation des taux multiplicateurs de l'impôt commercial pour 2025.
2024-05-13 Demandes de subside.
2024-05-14 Divers.
Conformément à l'article 13 de la loi modifiée du 13 décembre 1988, le conseiller Romain Tobes a demandé par écrit à la bourgmestre d'ajouter le point suivant à l'ordre du jour :
2024-05-15 Accord de principe pour l'extension du centre de recyclage Junglinster.

**Le conseil communal :**

**1.** approuve unanimement le devis adapté relatif au projet d'extension de l'école fondamentale de Waldbillig, sise à l'adresse L-7680 Waldbillig, 5, A Kilker, portant notamment sur la construction de cinq salles de classes supplémentaires, élaboré par le bureau Planetplus architectes et urbanistes S.C., au montant total estimé de 5.594.100,00 € (TTC),

demande dans ce contexte à Monsieur le Ministre des Affaires intérieures de bien vouloir accorder un subside à la commune pour les cinq salles de classe qui seront construites.

Cette décision annule et remplace la décision du 22 février 2022 (point de l'ordre du jour 2024-02-04),

**2.** décide à l'unanimité de marquer son accord au contrat de bail commercial avec la société Kulinarik Millen S.à r.l. pour la brasserie Heringer Millen,

**3.** décide unanimement d'approuver les lignes directrices en matière d'approvisionnement de la commune de Waldbillig juillet 2024 – Beschaffungsrichtlinien der Gemeinde Waldbillig Stand 2024 – dans le cadre du Pacte climat,

**4.** décide avec huit voix et une abstention (conseiller Tobes) d'accorder aux associations FC Olympia Christnach et Elterevereenegung Waldbëlleg un subside extraordinaire de 400 € par association pour les services qu'ils ont assurés lors des festivités de la Fête nationale 2024,

**5.** fixe unanimement le tarif à accorder aux sportifs méritants comme suit :

- 100 € pour les sportifs individuels
- 500 € pour chaque équipe sportive

**6.** approuve unanimement la nouvelle convention signée le 11 juin 2024 entre l'administration communale de Waldbillig et l'a.s.b.l. Valorlux pour les systèmes de collecte sélective d'emballages et pour la prise en charge des coûts de collecte, de nettoyage, de transport et du traitement de certains produits en plastique,

**7.**

a) décide unanimement de marquer son accord au projet de morcellement de la parcelle numéro 445/2084, section A de Haller, en trois lots,

b) décide unanimement de marquer son accord au projet de morcellement de la parcelle numéro 388/2428, section A de Haller, en deux lots,

**8.** accepte unanimement l'admission de trois enfants à l'école fondamentale et à l'enseignement précoce de Waldbillig pour l'année scolaire 2024/2025,

**9.** décide de marquer son accord pour trois actes notariés concernant une déclaration de propriété du 18 juin 2024 pour des parcelles sises à Haller, Christnach et Waldbillig,

**10.** décide de ne pas faire valoir son droit de préemption concernant des parcelles sises à Christnach,

**11.** décide unanimement de fixer pour l'année d'imposition 2025 le seul et même taux multiplicateur de l'impôt foncier B pour les différentes catégories d'immeubles à 300 % et de fixer le taux de l'impôt foncier A à 300 %,

**12.** fixe unanimement le taux multiplicateurs de l'impôt commercial dans la commune de Waldbillig pour l'année d'imposition 2025 à 250 %,

**13.** accorde unanimement un subside de 75 € aux associations suivantes :

- CSI Lëtzebuerg a.s.b.l.
- Special Olympics Luxembourg
- Fleegestatioun fir Wëll Déieren a.s.b.l.
- APEMH
- Fondatioun kriibskrank Kanner
- Action pour un Monde uni

décide unanimement de ne pas accorder un subside à l'association Fédération luxembourgeoise de tennis de table a.s.b.l.,

décide avec sept voix contre deux (conseillers Goedert et Michels) de ne pas accorder un subside à l'association Tukwataniise a.s.b.l.,

**14.** décide unanimement de donner un accord de principe favorable au projet d'extension du centre de recyclage de Junglinster.

## RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL 2024/6

**Séance du mardi 23.07.2024**

Présents :

// HENX-GREISCHER Andrée, bourgmestre,
// BOONEN Serge,
// MEYERS Corinne, échevins,
// BERENS Christian,
// GOEDERT Jeannot,
// KIRSCH Yolande,
// MICHELS Mike,
// TOBES Romain, conseillers,
// DIMMER Martine, secrétaire.

Absent/Excusé :

// BENDER Maxime, conseiller.

**Ordre du jour**

| | |
|---|---|
| | **Séance à huis clos** |
| 2024-06-01 | Nomination d'un fonctionnaire communal, groupe de traitement B1, sous-groupe technique. |
| | **Séance publique** |
| 2024-06-02 | Approbation d'un compromis de vente. |
| 2024-06-03 | Approbation d'un contrat de bail. |
| 2024-06-04 | Tarif de rachat des poubelles grises pour déchets ménagers dans le cadre de l'adaptation de la gestion des déchets. |
| 2024-06-05 | Divers. |
| | Conformément à l'article 13, alinéa 2, de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988 qui stipule que : « Aucun objet étranger à l'ordre du jour ne peut être mis en discussion, sauf dans les cas d'urgence. L'urgence est déclarée par la majorité des membres présents », la bourgmestre demande au conseil communal de bien vouloir approuver l'ajout d'un point supplémentaire à l'ordre du jour de la séance du 23 juillet 2024. |
| | Considérant que l'urgence est déclarée par tous les membres présents, |

le point 6 « Exercice du droit de préemption pour des terrains sis à Christnach » est rajouté à l'ordre du jour.

**Le conseil communal :**

1. décide de nommer Madame Conny Eller comme fonctionnaire communal du groupe de traitement B1, sous-groupe technique à raison de 40 heures par semaine,

2. marque unanimement son accord au compromis de vente du 11 juin 2024 pour des parcelles inscrites au cadastre de la commune de Waldbillig d'une contenance totale de 495,95 ares,

3. marque unanimement son accord au contrat de bail pour la mise à disposition du toit d'une maison au Mullerthal pour l'exploitation d'une station de télécommunications mobiles de POST Luxembourg,

4. approuve unanimement le tarif de rachat des poubelles grises pour déchets ménagers dans le cadre de l'adaptation de la gestion des déchets,

6. décide unanimement de faire valoir son droit de préemption concernant les parcelles numéro 372/2124 contenant 9,80 ares, numéro 392/2126 contenant 25,80 ares, numéro 392/2127 contenant 23,00 ares afin d'y faire réaliser des mesures locales servant à réduire les effets d'inondation, comme prévu par le Starkregenschutzkonzept élaboré par le bureau eepi.



*Foto: Damaris*

# ZIVILSTAND // ÉTAT CIVIL

## Gebuerten // *Naissances*

| | | |
|---|---|---|
| 10.06.2024 | **Brízida Machado** Nuno | *Waldbëlleg* |
| 19.08.2024 | **Frantz Gratias** Charlie Carlo | *Chrëschtnech* |
| 30.08.2024 | **Baden Michels** Cléo | *Waldbëlleg* |

## Stierffäll // *Décès*

| | | |
|---|---|---|
| 05.06.2024 | **De Jesus Pereira** Angelina | *Waldbëlleg* |
| 18.06.2024 | **Humbert** Nadine Danielle | *Waldbëlleg* |
| 19.06.2024 | **Van Horsigh** Helena Theresia Jeannette | *Chrëschtnech* |
| 30.06.2024 | **Gloesener** Virginie | *Chrëschtnech* |
| 04.07.2024 | **Feltgen** Irene | *Chrëschtnech* |
| 18.08.2024 | **Pinnel** Roger | *Waldbëlleg* |

## Hochzäiten // *Mariages*

| | | |
|---|---|---|
| 14.06.2024 | **Majerus** Alex & **Evers** Stephanie | *Waldbëlleg* |
| 14.06.2024 | **Riehl** Pit & **Simon** Danielle Gaby Rose | *Haler* |
| 20.06.2024 | **Back** Christian & **Breser** Kim Lisa | *Chrëschtnech* |
| 28.06.2024 | **Glod** Olivier & **Kirsch** Yolande | *Waldbëlleg* |
| 19.07.2024 | **Roelofs** Michel Alexander & **Kalmes** Liz | *Chrëschtnech* |
| 08.08.2024 | **Penning** Ann & **Mertens** Guy | *Waldbëlleg* |
| 12.09.2024 | **Bender** Maxime Alexandre Nicolas & **Rock** Sarah | *Waldbëlleg* |

Et goufen an där Zäit **keng Pacsen** an der Gemeng.

# MIR GRATULÉIEREN



De 14. Juni sinn d'**Stephanie Evers** an den **Alex Majerus** am Mëllerdall bestuet ginn.



De 14. Juni sinn d'**Danielle Gaby Rose Simon** an de **Pit Riehl** am Mëllerdall bestuet ginn.



Den 20. Juni sinn d'**Kim Lisa Breser** an de **Christian Back** am Mëllerdall bestuet ginn.



Den 28. Juni sinn d'**Yolande Kirsch** an den **Olivier Glod** am Mëllerdall bestuet ginn.



Den 19. Juli sinn d'**Liz Kalmes** an de **Michel Alexander Roelofs** am Mëllerdall bestuet ginn.



Den 12. September sinn d'**Sarah Rock** an de **Maxime Alexandre Nicolas Bender** am Mëllerdall bestuet ginn.

*Fotoen: Gemeng Waldbëlleg*

# INTERVIEW MAM ROMAIN TOBES, GEMENGECONSEILLER

**Géift Dir Iech weg. virstellen.**

Zanter 2012 wunnen ech mat menger Fra, dem Katrin, a mengen zwee Kanner nees hei „um Bierg". Als Chrëschtnecher Jong huet Veräinsliewen e groussen Deel vu menger Fräizäit ausgemaach, dëst virun allem am Club des Jeunes an an de Pompjeeën. Spéider ass du mam Wiessel op d'Uni Freiburg en neit Kapitel opgeschloe ginn. Als Forstingenieur hunn ech e puer Joer zu Freiburg selwer geschafft ier de Wiessel zréck op Lëtzebuerg komm ass. Säit 2007 schaffen ech an der Akerbauschoul an sinn zanter 2021 an der Direktioun.



**Firwat sidd Dir an d'Politik gaangen?**

Gesellschaftlech-politesch Themen hu mech schonn ëmmer interesséiert an esou ass et komm, dass ech 2017 eng éischte Kéier an de Gemengerot komm sinn. 2023 sinn ech dunn eng 2. Kéier matgaangen a gouf bestätegt. Als Ingenieur am Bësch- an Ëmweltberäich ass ee gewinnt a laangen Zäitraim ze denken. Wann haut Beem solle geplanzt ginn, geschitt dat am Wëssen, dass déi Decisioun Auswirkunge fir déi nächst 100 Joer wäert hunn. Och an der Gemengepolitik ass et wichteg mëttel- bis laangfristeg ze plangen, zwar sinn hei d'Zäitträim meeschtens méi kleng gewielt, mee trotzdeem ginn et wichteg Froen ze beäntwerten. Wouhinner a wéi soll sech eis Gemeng weiderentwéckelen. Wéi eng Konsequenzen zéit eng elo getraffen Decisioun mat sech. Eis Gemeng op gewësse Sujeten, wéi zum Beispill den Tourismus oder de Wunnengsbau laangfristeg weiderzeentwéckelen, si fir mech nëmmen zwee vu villen Theemen, fir déi ech mech asetze wëll.

**Wéi eng politesch Dossiere leien Iech perséinlech um Häerz?**

De Budget an deen domat verbonnene Plan pluriannuel financier ass mir wichteg. Hei leeë mir den Handlungsspillraum vun der Gemeng fest an dëst iwwer Joren. Wéi eng Dossieren wëlle mir konsequent no vir dreiwen, a wat si Projeten, déi ee leider muss zréckstellen, well d'Situatioun et aktuell net erlaabt.

E Gesamtkonzept fir den Tourismus am Mëllerdall ass mir wichteg. Mam Schéissendëmpel hu mir eng Attraktioun, déi et ze geréieren an den Trafic ze kanaliséiere gëllt.

An enger Gemeng, déi am Drénkwaasser autonom ass, besteet nach vill Handlungsbedarf, fir d'Theema Kläranlag ofzeschléissen.

**Soll eng kleng Gemeng wéi Waldbëlleg onofhängeg bleiwen?**

Et géif mech freeë wann d'Gemeng Waldbëlleg kéint onofhängeg bleiwen ënner der Viraussetzung, dass si de Bierger all Servicer kann ubidden, déi et fir eng modern Gemeng brauch. Mëttelfristeg denken ech awer, dass d'Gemenge fusionéieren. Eng Fusioun mat Konsdref,



Bäerdref a Beefort wier, wat den Tourismus a Punkto Mëllerdall ugeet, a mengen Aen eng ganz intressant Virstellung.

**Wat si fir Iech perséinlech d'Unzéiungspunkte vun eiser Gemeng, firwat lieft Dir gär do? Wat kéint besser sinn?**

De Mëllerdall! Eng flott touristesch Attraktioun virun der Hausdier, déi all Joers ronn 200.000 Wanderer unzitt, mécht eis Gemeng zu enger vun deenen attraktiivsten am Land. Besser wier et wann elo och nach gekläert Waasser de Schéissendëmpel géif eroflafen.

Mat der Ubannung un de nationale Vëlosreseau ass d'Régioun och fir de Radtourismus interessant ginn. Hei gëllt et fir e séchert Encadrement ze suergen.

Mam Campingausbau duerch de Syndicat kënnt eng weider Offer an de Mëllerdall.

Kulinaresch ware mir mam Ben (Restaurant Gudde Kascht zu Haler) a mam Lars (Restaurant op der Hiergermillen) verwinnt. Nom Kaf vum Hotel Cascade géif et mech freeën, wa mir als Gemeng nei Akzenter géife setzen.

*Fotoen: Famill Tobes*



*Foto: Damaris*

# INTERVIEW MAT DER ROSA MACHADO, MATAARBECHTERIN VUN DER GEMENG



D'Rosa Machado schafft op der Gemeng Waldbëlleg am Service de l'entretien des surfaces.

**Comment avez-vous eu votre emploi auprès de la commune de Waldbillig ?**

À l'époque, Mme Beça Laurinda m'avait informée que la commune cherchait quelqu'un pour le secteur du nettoyage et j'ai deposé ma candidature.

**Depuis quand y travaillez-vous ?**

J'y travaille depuis octobre 2013.

**Quels sont les aspects positifs ?**

Je travaille prés de chez moi et j'ai des horaires de travail flexibles.

**Quels sont les défis ?**

J'essaie de faire de mon mieux pour me satisfaire de mon travail.





**Que faisiez-vous avant de venir travailler à la commune de Waldbillig ?**

J'étais occupée dans le secteur du nettoyage privé.

**Quels sont vos projets de travail pour l'avenir concernant votre travail ?**

Pour le moment je n'ai pas tendance à souhaiter des choses pour l'avenir. Si je garde la santé nécessaire pour effectuer mon travail, je serai reconnaissante.

**Estimez-vous qu'il fasse bon vivre dans la commune et sa région ?**

Oui, c'est une région agréable pour y vivre.

**Où vivez-vous actuellement ?**

À Waldbillig.

**Comment vous détendez-vous lorsque vous rentrez du travail ?**

Quand je rentre du travail, j'effectue mes tâches à la maison et profite du temps passé avec ma famille.

*Fotoen: Famill Machado*

# NORUFF OP DE ROGER PINNEL



Den 18. September huet eis moies déi traureg Noriicht erreecht, de „Pinnels Rosch" ass dout. Mir wossten, datt hie gefall war a vun do un net méi esou fit war, an dass hie virun engem gudde Mount an de Cipa op Mamer gaangen ass, deen no bei senger Duechter Monique ass. Mee, datt hien elo esou séier géif goen, domat hate mir net gerechent.

De Roger Pinnel ass den 9. September 1927 an der Stad op d'Welt komm. Hien ass e Roudemer Jong[1]. De 26. Dezember 1954 huet hie sech mam Josette Steinmetz vu Waldbëlleg bestuet an ass an eis Gemeng wunne komm. Aus hirem Bestietnis sinn zwee Kanner ervirgaang, de Marco an d'Monique. De Roger an d'Josette waren eng léif Koppel, mir hunn an Erënnerung datt se esou léif Hand an Hand do gaange sinn, wat ee bei eelere Leit net méi esou dacks gesäit. D'Josette ass leider schonn 2015 am Alter vu 84 Joer vun eis gaangen, wat e grousst Lach fir de Roger bedeit huet.

De Roger war e Mënsch mat groussem Interessi un der Gemeng Waldbëlleg, hien huet all Mënsch an all Stéck Land kannt. Hie war gären ënner de Leit. Am Joer 1994, virun 30 Joer, gouf hie vum Schäfferot op de Poste genannt vum Appariteur vun der Gemeng. Fréier war dat eng Persoun, déi an d'Dierfer ausruffe gaang ass. fir d'Leit iwwer Evenementer an Instruktioune vun der Gemeng ze informéieren. De Roger ass an d'Raideren ophänke gaang, op Haler, Chrëschtnech an an de Mëllerdall. Hien huet déi nei Informatiounen un d'Bierger opgehaang an déi al erausgeholl. Hien huet och d'Dagesuerdnung vum Gemengerot bei d'Conseilleren heembruecht.

De Roger krut ee schéinen Alter, 97 Joer ass hie ginn. Bis Ugangs dëst Joer war hien um Dill. Hien hat eng staark Natur a war nach gutt zu Fouss. Beim leschte Chrëschtdagspatt war hien nach derbäi a souz bei eis. D'lescht Joer ass hien nach mam Auto gefuer a koum all Freideg moies op d'Gemeng d'Dokumenter siche fir auszehänken. Bekannt war, datt hie gär op d'Gemeng komm ass, dat huet zu sengen Aufgabe gehéiert. A mir ware frou an dankbar dofir, well hien eis déi Aarbecht ofgeholl huet a se gutt a gewëssenhaft gemaach huet. De Roger war do fir eis Gemeng, en Telefon vun de Beamten a kuerz drop stoung hien am Büro. Impressionéiert huet hien eis och ëmmer nees mat sengem gudde Verhalt.

Léiwe Roger, R.I.P., mir wäerten dech ni vergiessen.
MERCI fir däin onermiddlechen Asaz fir eis Gemeng.
Dénger Famill drécke mir eist häerzlechst Matgefill aus.

*Text: Martine Dimmer.*
*Fotoen: Gemeng Waldbëlleg*

1 De Roger Pinnel huet selwer gesot, datt hie vu Roudebuerg wier, net vu Roudemer. Well a senger Jugend huet kee Mënsch Roudemer gesot.

*De Roger 2017 op der Ausstellung „De Mëllerdall fréier an hett".*



*D'Feier op der Gemeng 2022 fir dem Roger seng 95 Joer.*





## NATIONALFEIERDAG – 22. JUNI 2024

Mir haten och dëst Joer erëm en Nationalfeierdag mat Cortège a Musek, Te Deum, Receptioun an der Sportshal, Ried live vun der Buergermeeschtesch, Medailen, an natierlech engem gudde Patt zesummen an der Cafeteria. Bal vergiess sinn déi digital Evenementer à distance aus de Corona-Zäiten.

An hirer Usprooch huet d'Buergermeeschtesch hir Freed ausgedréckt, datt mer konnte Grossherzogsgebuertsdag zesumme feieren. Si huet un déi vill Kricher an der Welt geduecht. Mir hunn déi grouss Chance, an engem demokratesche Land ze liewen, an d'Méiglechkeet fir eis Meenung fräi ze soen. Dofir ass et wichteg, datt d'Länner vun der Europäescher Unioun méi enk zesummeschaffen









a beienee réckelen. Dat lescht Joer war gezeechent duerch Walen: Gemengewalen, Landeswalen an Europawalen.

Mir sti viru groussen Erausfuerderungen, mat deene mir an Zukunft konfrontéiert sinn, dem Klimawandel, de Kricher an der Ukrain an am Noen Osten.

D'Wunnengsnout an d'Schwieregkeet, eng bezuelbar Wunneng ze fannen, betreffe vill Leit an eisem Land. Mir brauche Wunnengen. Wéi packe mer dat – dës Fro ass och bei eis an der Gemeng e grousst Theema. Momentan baue mir Schoul a Maison relais aus a schaffen un engem grousse Bauprojet. Mir stoussen domat un d'Grenze vun de Kapazitéite vun der Gemeng.

Op Nationalfeierdag ass et Traditioun, un d'Affer vun de Kricher ze denken. Et sief un déi vill Zaldoten an Ziviliste geduecht, déi virun 80 Joer hiert Liewe verluer hunn, fir datt mir haut kënnen a Fridden an engem demokratesche Land a vereenten Europa liewen.

Mir sollen eisen Zesummenhalt, eis Eenheet an eis Identitéit feieren – den Zesummenhalt vun all de Leit, déi hei bei eis liewen, egal vu wou se kommen a wéi laang se schonn hei sinn.

D'Stäerkt vun eisem Land si mir alleguer. Et gëtt kaum en anert Land an Europa, wou souvill Nationalitéite matenee liewen an zesummen zum Wuel vum Land









bäidroen. An eiser Gemeng liewen haut 1944 Awunner, zu Waldbëlleg 593 Leit, zu Chrëstnech 830, um Freckeisen 25, um Grondhaff 8, zu Haler 425, am Mëllerdall 61 an zu Suewelbuer 6. Dovu sinn 1411 Lëtzebuerger, 179 Portugisen, 43 Fransousen, 38 Däitscher, 33 Belsch, 21 Englänner, 21 Hollänner, 19 Italieener, 19 Brasilianer, 17 Polen, 14 Spuenier, 11 Iren, 10 Rumänen an 10 Ukrainer.

D'Buergermeeschtesch huet Merci gesot, hire Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot, de Gemengeservicer, alle Membere vun de Kommissiounen, dem Léierpersonal, dem Personal an dem Comité vun der Maison relais, besonnesch all de Leit aus de Gesondheetsberuffer an dem CGDIS. Och de Veräiner gëllt e grousse Merci; si sinn e wichtege Pilier an der Gemeng an organiséieren ëmmer nees nei flott Aktivitéite fir d'Awunner.

Mat engem „Vive" op eis Heemecht an de Grand-Duc huet si hir Ried ofgeschloss a koum zu den Éierungen.









## Jugendpompjeeën

Diplom a Leeschtungsspéngel am Bronze: Wenandt Mic.

Diplom a Leeschtungsspéngel am Sëlwer: Teniou Bintu Arianna, Bettendorf Lee, Bettendorf Max, Riehl Nic, Ruppert Gabriel.

Diplom a Leeschtungsspéngel am Gold an domat de FIS I.1 ofgeschloss: Stevens Gabriel.

## Pompjeeën

Médaille d'ancienneté de l'ordre de mérite de la sécurité civile en vermeil vum CGDIS: Nussbaum Melanie.

Médaille d'ancienneté de l'ordre de mérite de la sécurité civile en vermeil avec couronne vum CGDIS: Nilles René.

## Fussball

D'Cadets-Ekipp war Champion an hirer Klass an ass vun der 4. an déi 3. Klass geklommen.

D'Scolaires Ekipp ass an déi 3. Klass gestigen.

Déi 1. Ekipp huet de Barragematch gewonnen a klëmmt vun der 3. Divisioun an déi 2. Divisioun.

## Schwammen

De Bervas-Schumacher Olivier ass Vice-champion an der Kategorie Pupilles iwwer 200 Meter Nage libre.



## Musek

Geéiert goufen Ulrike Sauer (5 Joer Insigné), Camille Goedert (5 Joer Insigné ), Robin Antony (10 Joer Bronze), Nadine Antony (10 Joer Bronze), Jane Amstrong-Wickens (15 Joer Argent).

*Text: Marc Barthelemy*
*Fotoen: Pierre Haas*

































# SCHOUL & MAISON RELAIS // *ÉCOLE & MAISON RELAIS*



# SCHOUL





## Schoulfest 2024

Fir de leschte Freideg virun der Vakanz hat en Aarbechtsgrupp vun Enseignanten zesumme mat der Elterevereenegung Waldbëlleg ee Schoulfest ënner dem Motto „Halli Galli“ organiséiert. Alleguer d’Kanner aus der Waldbëlleger Schoul konnten sech op opblosbare Spiller wéi Parcours, Sprangschlässer, Bodykicker, Klotertuerm a villem méi ausprobéieren. Fir déi méi grouss war och Bullriding um Programm, déi Kleng hate Spaass um Bobbycarsparcours a mat Triwwel- a Waasserspiller. Reegelméisseg ass och d’Spillplaz am Mëllerdall ugesteiert ginn, wou Kanner vun allen Alterskategorien zesumme gespillt hunn. An der Mëttesstonn huet d’Maison relais ee













gutt Mëttegiesse mat Dessert zerwéiert, an dono ass et virugaange mam Spaass. Obschonn d'Wieder net optimal war an de Gros vun de Spiller an der Turnhal huet missten opgeriicht ginn, huet alles gutt geklappt. Um 16 Auer huet d'Elterevereenegung iwwerholl an d'Kanner konnten zesumme mat hirer Famill den Dag ofschléissen.

Dem Aarbechtsgrupp, der Elterevereenegung, der Maison relais, der Gemeng an allen, déi gehollef hunn ee grousse Merci, datt si dëse flotten Dag erméiglecht hunn.





# Coupe scolaire

**22. Mee 2024**

Wir sind mit dem Cycle 4 mit dem Fahrrad nach Christnach zum Fußballplatz gefahren. Dort fand die Coupe scolaire statt. Zu Beginn hat jeder eine Nummer bekommen. Wir haben bei der Feuerwehr einen Geschicklichkeitsparcours gemacht. Dann ging es los auf die Straße mit dem Fahrrad. Die erste Runde bekamen die Kinder noch Tipps. Die zweite Runde war ein Test. Gewonnen beim Cycle 4.1 hat Tunn. Auf dem zweiten Platz waren Mayla und Celia und auf dem dritten Platz war Lara. Beim Cycle 4.2 hat Zoe gewonnen. Olivier ist Zweiter geworden und Eduarda und Jessica waren auf dem dritten Platz.

Tunn konnte auch noch an der nationalen Coupe scolaire teilnehmen, die am 7. Juli in Lorentzweiler stattfand.

Wir danken jedem, der dazu beigetragen hat, dass die Coupe scolaire stattfinden konnte.

*Tunn, Mikael, Leo, Liam (Klasse Laura Walch)*





# Phantasialand

Am 9. Juli sind wir mit dem ganzen Cycle 4.1 nach Brühl ins Phantasialand gefahren. Der Bus war sehr groß. Wir haben so viel geredet, dass wir gar nicht mitbekommen haben, dass wir bald da waren ...

Als wir endlich angekommen sind, stiegen wir aus dem Bus und sind bis zum Eingang gegangen. Die Lehrerin hat uns ein Ticket gegeben, damit wir durchgehen konnten. Es waren sehr viele Leute da, weil in Deutschland bereits Ferien waren. Zuerst hat unsere Lehrerin uns gesagt wo wir uns danach treffen sollten. Wir haben uns dann in Gruppen eingeteilt und los ging es! Bei uns ging die Lehrerin mit. Als Allererstes sind wir auf eine Achterbahn gegangen. Da haben wir tolle Fotos gemacht. Dann sind wir auch auf andere Spiele gegangen und eine Wasserachterbahn hatte ein technisches Problem. Dann sind wir einkaufen gegangen und haben sehr viele Souvenirs gekauft. Danach haben wir uns wieder am Treffpunkt getroffen und sind wieder nach Luxemburg gefahren.

Was für ein toller Tag !

*Amelia, Bianca, Mayla, Fadila (Klasse Laura Walch)*



## Ausfluch vum Cycle 1 op Miedernach

De 24. Juni sinn alleguer d'Kanner aus dem Cycle 1 zesummen op Miedernach gefuer. D'Wierder war perfekt, fir vun de ville flotten Aktivitéiten um Site ze profitéieren: Mat plakege Féiss ass et duerch de Bësch an iwwer déi verschidde virbereete Statioune gaangen. Dono konnten d'Kanner ee Motorikparcours a Spiller op der Wiss maachen, ee Wee duerch d'Labyrinth sichen an sech op der Spillplaz ameséieren. Fir d'Mëttegiesse gouf vun den Enseignanten ee „Buffet français organiséiert.



## Turnen Précoce & Cycle 4

Am Dienstag, den 2. Juli hat die Klasse des Zyklus 4.1 a eine Turnstunde für die Precoce Klasse vorbereitet.

Während wir noch alles aufgebaut haben, haben die kleinen Kinder schon angefangen die Spiele auszuprobieren. Als alles vorbereitet war, kam die erste Gruppe. Die meisten brauchten keine Hilfe, manche Kinder benötigten jedoch ein bisschen Hilfe. Alle 10 Minuten kam eine andere Gruppe und in jeder Gruppe waren 8 bis 10 Kinder. Wir hatten alle Hände voll zu tun. Wir hatten verschiedene Stationen und alle Kinder fanden es toll. Am beliebtesten waren die Rollbretter. Trotz allem war alles beliebt. Zum Schluss gab es noch ein Gruppenfoto und ein Zertifikat für die kleinen Kinder.

*Greg, Finn, Maxime, Gabriel (Klasse Laura Walch)*







## Ofschloss am Precoce

Dee leschte Schouldag stoung am Precoce nach eng flott Aktivitéit um Programm: „Stockbrot".

Fir d'éischt hunn d'Kanner en Hiefdeeg präparéiert. An der Zäit wou dësen opgaang ass, gouf am Schoulhaff Feier gemaach. Wéi den Deeg an d'Feier bis prett waren, hunn d'Kanner hiert Brout ronderëm d'Bengele gewéckelt, déi si schonn am Virfeld fläisseg gesammelt haten. Net laang huet et gedauert bis si deen éischte Maufel genéisse konnten. Ee gudden Appetit.





# PRÄSENTATION DER ENOVOS ENERGIESPARKITS IN DER GRUNDSCHULE IN WALDBILLIG

An drei verschiedenen Tagen hatte ich die Gelegenheit, die Energiesparkits von Enovos im Cycle 2 zu präsentieren. Da ich in den vergangenen über 4 Jahren für die Energie-Agence die Sensibilisierungskampagne „Nachhaltigkeit macht Schule“ mit viel Erfolg durchgeführt habe, habe ich so manche Erfahrung mit diesem Thema, da es dabei unter anderem um Energieeinsparung geht, wie z.B. die Heizung abdrehen vor dem Lüften, die Geräte, wie Fernseher, xbox usw., die oft Tag und Nacht im Standby bleiben, auszuschalten. Ich war überrascht, dass die Kinder, die erst 7-8 Jahre jung sind, schon viel zu diesem Thema wussten. Die Lehrpersonen haben mir erklärt, dass dieses Thema unter anderem im Französischunterricht behandelt wird. Mit Hilfe einer Powerpoint haben wir auch das Thema Klimawandel angesprochen, und was auch sie als Beitrag dagegen tun können. Auch wenn es nicht so leicht ist, den Kindern zu erklären, was den Treibhauseffekt auslöst, anhand prägender Bilder ist dies doch möglich. Alles in allem war es eine positive Erfahrung, für die Kinder und auch für mich. Es macht immer wieder Freude vor einer Klasse zu stehen und die Kinder für dieses Thema zu begeistern. Am Ende des Vormittags übergab die Lehrperson den Kindern die Energiesparkits mit den interessanten „Gadgets“, worauf sie sich von Anfang an gefreut hatten.

*Marcel Barros*
*Energieberater*




## MAISON RELAIS

An der Maison relais war ewéi gewinnt vill lass.

D'Kanner konnte vum gudde Wieder profitéieren a vill dobausse sinn.




























# VERÄINER // *ASSOCIATIONS*

# JONK & AL

Hei ee klengen Iwwerbléck iwwer eis Aktivitéiten, déi mir mat eise Membere konnte verbréngen. Och wann duerch den Ëmbau vun der Gemeng zu Waldbëlleg eis de Veräinsbau zu Chrëschtnech net méi zur Dispositioun stoung, hu mir dach probéiert, eis Aktivitéiten esou gutt wéi méiglech iwwer dat ganz Joer bäizebehalen an dat am Kärespäicher op der Heringer Millen.

**Hei e puer Impressiounen vun deene verschiddenen Aktivitéiten:**









**Ugefaang, den 21 Januar mat dem Choucroute-Iessen** an der Cafeteria vun der Sportshal, fir mateneen ee schéinen Nomëtteg ze verbréngen an dat och wuertwiertlech mat Jonk & Al.






**D'Generalversammlung, den 20. Mäerz** am Kärespäicher wou mat der Begréissung vum President Willy Smit an dem Aktivitéitsbericht, virgedroe vun der Henriette Baden, den Ordre du jour ugefaangen ginn ass. Weider um Programm stoungen de Rapport vun der Keess, deen de Pierre Diederich am Numm vun der Marie-Anne Diederich, als austriedend Membere vum Kommitee, fir d'leschte Kéier virgedroen huet. Keesereviseurin Cécile Welter huet d'Richtegkeet vun der Keess confirméiert, an als Gemengevertrieder huet d'Schäffin Corinne Meyers déi gutt Zesummenaarbecht an och d'Wichtegkeet vum Veräin betount am Déngscht vum drëtten Alter. Uschléissend bei der fräier Aussproch huet d'Danielle Baden eis d'Aktivitéite vu Kalatou Asbl virgestallt, wou si Kommiteesmember ass. De Kommitee vu Jonk & Al hat am Virfeld d'Decisioun geholl, der Asbl Kalatou een Don ze maachen an Héicht vu 500 €, deen d'Danielle Baden bei dëser Geleeënheet entgéintgeholl huet.

**Journée du Grand-Âge, de 25. Mee:** d'Éierung vun de Jubilaren 2024 fir hir 75, 80, 85, 90 a 95 Joer, mat der Gemeng zesummen am Kärespäicher a wou mir uschléissend am Restaurant Cigalon zerwéiert si ginn. Dobäi hu mir ee fantasteschen Nomëtteg zesumme verbruecht.















P.S. Bei dëser Geleeënheet hunn et sech de Pol, de Léo an de Fern net huele gelooss, den Dessert, dee fir d'Suzette bestëmmt war, ënnereneen ze deelen. Wat eng Freed!







**Mammendag, den 12. Juni,** wou mir ënner anerem vun der Marie-Anne Karpen-Welter e Kuch a Schampes offréiert kritt hunn, fir mat hir op hiren 80. Gebuertsdag unzestoussen, an esou ee schéinen Nomëtteg ze verbréngen.











**Visitt vum Kommitee vu Jonk & Al bei de Jubilaren a laangjärege Memberen,** der Madamm Juliette Hary-Wilhem, fir hir ze gratuléiere fir hiren 90. Gebuertsdag an dem Här Raymond Alf fir säi 95. Gebuertsdag. Bei engem Glas Schampes, engem gudde Mäifelchen, hu mir e schéinen Nomëtteg am Krees vun der Famill verbruecht. Vun hei aus wënsche mir dem Juliette wéi och dem Raymond nach eng Kéier alles Guddes an nach vill Joren dobäi bei beschter Gesondheet a soe Merci fir deen häerzlechen Empfang.

**An zu gudder Lescht d'Dagesrees an d'Stad, den 30. Juli** mat der Linn 222 Beefort-Lëtzebuerg, fir da mam Tram op den Hamilius ze fueren. Vun do aus iwwer d'Corniche mat Bléck an de Gronn an duerch d'Rue du Saint-Esprit fir am Luxembourg City Musée d'Geschicht vun eiser Stad erklärt ze kréien. Dono iessen an der Pizzeria Bacchus mat uschléissender Visitt vum Palais, wou mir een Abléck kritt hunn, wéi verbonnen eis groussherzoglech Famill mat deenen anere Kinnikshaiser an Europa war an ass. Ee Bummel duerch d'Uewerstad an een Dessert beim Namur, ier mer nees mam Tram-Bus Richtung Beefort d'Heemrees ugetrueden hunn.











***„Warum in die Ferne schweifen wenn das Gute liegt so nah.“***





*Mat beschte Gréiss vum Kommitee vun Jonk & Al Waldbëlleg*



# D'AEROMODELLISTE VU CHRËSTNECH

Summer um AMC Terrain: Reen, gutt waarm, ze waarm, Wand vun Osten oder vu Westen oder queesch zu der Pist. … alles hu mer mat Freed an intensive Fluchmeetingen op eisem schéinen Terrain ëmgesat.

Fir den interesséierte Lieser vum FUUSS wollte mir eemol op déi éischt spannend, opreegend a wichteg Fluchphasen hiweisen:



**De Start, vum Buedem fort an déi 3. Dimensioun!**

Beim Starten a gudde Konditiounen: liichte Wand vu vir, ouni Sonn, déi blent, a mat engem Fluchapparat, dee gemellech op eis hektesch Kommandoen un der RC Renkel reagéiert. De Pilot sollt dobäi roueg a konzentréiert, wakereg an net nervös sinn.

Bei engem neie Flieger en emouvante Moment! Fléit en?, wa jo, wéi fléit en?

Net fir näischt steet d'Belegschaft vun Airbus, Boeing … & Co, op der Piste ze klappen, wann e „Neien" fir d'éischt an d'Luucht geet.

Wat geschitt beim Starten: Den Engin rullt iwwer de Buedem oder gëtt vun Hand an d'Luucht geschoss. D'Loftpartikele wandere mat grousser Vitesse ronderëm de Flillek, de Profil bestëmmt den Ënnerdrock iwwerem gebaute Flillek an also den Opdriff awer och de Loftwidderstand vum Apparat. A wann da riicht gebaut ginn ass, de Schwéierpunkt stëmmt, d'Akkue voll sinn an de Motor gutt dréit a staark genuch ass, da kënnt beim Constructeur dat erhabend Gefill: erop, erop an d'héi Luucht.







Gléck puer! Wann net, da muss den erfuerene Pilot kräfteg un der Renkel rappen, fir dee stuerazege Fliger ze zëssen an ouni Schued nees op de Wues ze setzen.



Bis 4,5 m oder 6 kg léisst et sech nach mat gudder Motoriséierung aus der Hand puchen, och wann dobäi den Hutt vun der Kopp geblose gëtt. Delta, Seegler, oder Phantsiewiësen, wéi den Angry Bird oder e Manta ... Awer och de Remorquage mat enger Zuchmaschinn vu grousse Seegler (>5m Spannwäit) huet sech bewäert.





















An ass dann de Start vun der Konstruktioun gelongen ... da muss dat Evenement awer a geselleger Ronn kommentéiert a Verbesserungsproposen ausgetosch ginn! Dat geschitt am beschte bei Kaffi/Téi a Kuch an der obligatorescher Paus am Nomëtteg.

Selwer gebake Pâtisserieskreatioune ginn do degustéiert a gewürdegt.



Bei Froen zu den Aktivitéite vum AMC, kritt Dir gären déi néideg Explikatioune beim Paul Mehlen um Tel: 621 21 91 29.

Dem Lieser vum FUUSS, wënsche mir e schéinen Hierscht, an an der nächster Editioun ginn déi Haaptaspekter vun der Landung beliicht!

*Redaktioun a Biller: Henri Beissel, Marcel Delleré, Alex Federmeyer, Jos Gaspard, Romain Hanten, Pol Mehlen, Push Steffen*

# TURNVERÄIN ËMMER FIT



Den 1. Juli 2024 war eise leschten Training fir d'Saison 2024-2025.

Et war eng richteg flott Saison mat villen ofwiesslungsräichen Trainingen.

Vill nei Memberen hunn de Wee méindes owes op Waldbëlleg an d'Sportshal fonnt, awer och vill „al Bekannter", dëst zumools an eisem „neien" Soft-Gym-Grupp. Dat war e volle Succès

Um Duerffest de 14. Juli hu mir och eng Hand mat ugepaakt an hunn d'Pompjeeë beim Grill ënnerstëtzt.




Hei koumen eis flott nei T-Shirten direkt an de Asaz. Dës hu mir zu e puer selwer entworf an och geplott. Mol eng Kéier keng sportlech, mee éischter eng kreativ Aktivitéit.

Eng richteg Summerpaus hu mir nit gemaach.

Wéi d'lescht Joer och, hu mir eise Summer-Fit-Grupp aktivéiert. Sou hu mir eis wärend de Summerméint weiderhin a méi oder manner grousse Gruppe getraff a verschidde flott a sportlech Aktivitéiten zesumme gestart. Mir waren ënnert anerem e puermol zesummen trëppelen; ronn 10 km iwwer flott Feldweeër vu Waldbëlleg bis op Haler, an zeréck. Eng aner flott Promenade laanscht de Schwaarze Mann bis an de Mëllerdall an iwwer Chrëschtnech zréck bis bei d'Sportshal. Sou hu mir schéin a geselleg Momenter am klenge Grupp verbruecht. Eis Trainerin Agata huet eis och rëm vill flott Summer-Trainingen zesummegestallt. Dës konnt jidderee fir sech doheem maachen oder mir hunn eis getraff an hunn d'Seancen zesummen am Schoulhaff gemaach. An der Equipe ass et souwéisou méi flott a motivant.

De September huet d'Schoulrentrée agelaut awer och de Start an eis nei sportlech Saison. Den 23. September ass Saison Start, dëst wéi gewinnt all Méindeg Owend zu Waldbëlleg an der Sportshal. Och dës Saison rëm turne mir an zwou Gruppen. Den 1. Grupp fänkt um 18:30 Auer mam Soft-Gym un. Direkt am Uschloss den traditionelle Workout. Dëst vun 19:30 - 20:30 Auer ënner der Leedung vun der Agata Klimek.










Wien elo virwëtzeg ginn ass a motivéiert fir bei eis matzemaachen, dee kann sech gäre bei eis mellen: ***emmer.fit@gmail.com***
Oder einfach emol méindes owes laanscht schnuppere kommen. Den éischten Training ass ëmmer gratis. Avis aux amateurs.

Mir freeën eis ëmmer iwwer nei Memberen an hoffen, datt mir weiderhi vill flott Stonnen zesummen turne kënnen.

Bis geschwënn, bleift all gesond,
FIT a monter.

*De Comité vum*
*Turnveräin „ËMMER FIT"*

# D'WALDBËLLEGER MUSEK




D'Waldbëlleger Musek huet iwwer d'Fréijoer an de Summer verschidden Optrëtter an Aktivitéite gehat:

- Den 29. Juni ware mir um Fréijoersconcert zu Éilereng.
- Den 8. an 9. Juni hu mir am Mëllerdall virun der Heringer Mille gegrillt.
- Mir waren op der Sprangpressessioun zu Iechternach.
- Nationalfeierdag ware mer am Te Deum zu Haler a bei de Feierlechkeeten an der Sportshal zu Waldbëlleg. Do krute verschidde vun eise Memberen eng Medail: Ulrike Sauer (5 Joer Insigné), Camille Goedert (5 Joer Insigné), Robin Antony (10 Joer Bronze), Nadine Antony (10 Joer Bronze), Jane Amstrong-Wickens (15 Joer Argent).
- Den 13. Juli hate mer e Concert zu Stroossen am Kader vun der Fête populaire.
- De 14. Juli hu mir um Duerffest eisen Ofschloss-concert gespillt.



Du sinn eis Musekante fir sechs Wochen an hir wuelverdéngte Summerpaus gaangen, ier et virugaangen ass mat de Prouwen. Fir eisen éischte Concert vun dëser Saison ware mir um Wäifest zu Gréiwemacher.

Als Ofschloss vun der leschter Saison hate mir en Ausfluch op Köln geplangt. Samschdes stoung de Musical Moulin rouge um Programm oder de Kölner Zoo. Sonndes war dunn nach eng Schëfffaart vu Bonn op Linz.

Mir hu fir dës Saison zwee grouss Concerten um Programm. Den 30. November ass den Dräi-Kantons-Concert zu Miedernach an der Sportshal. An den traditionelle Galaconcert ass den 29. Mäerz 2025 zu Waldbëlleg an der Sportshal.

*De Comité vun der Waldbëlleger Musek*






emile weber
emile weber












*De renovéierte Fiisschen 2024.*
*Fotoe: Marc Barthelemy*

# KULTUR A GESCHICHT // *CULTURE ET HISTOIRE*



# LËTZEBUERG, KRÄIZPUNKT VU SPROOCHEN A KULTUREN

## Deel 2.
## D’Lëtzebuerger Sprooch an d’Méisproochegkeet zu Lëtzebuerg

*Verschrëftlechung an Aktualiséierung vun engem Virtrag den 23. Mäerz 2023 op der Generalversammlung vu Koplescht Fréier & Hott*
*Marc Barthelemy, Éierecommissaire fir d’Lëtzebuerger Sprooch.*

### Lëtzebuergesch am 19. Joerhonnert

No der belscher Revolutioun huet den éischten Traité vu London 1839 de franséischsproochegen Deel, déi aktuell Provënz Lëtzebuerg, ofgetrennt. De Grand-Duché hat fir d’éischt a senger Geschicht quasi keng franséischsproocheg Populatioun méi.


D’Verfassung vun 1848 huet festgehalen datt:

> *„L’emploi des langues allemande et française est facultatif. L’usage n’en peut être limité.”*

Am 19. Joerhonnert huet sech dat geschriwwent Lëtzebuergesch lues a lues entwéckelt, obwuel et keng offiziell Roll hat.

Dat éischt Buch op Lëtzebuergesch, *E´ Schrek ob de´ Lezeburger Parnassus*, gouf 1829 vum Antoine Meyer, Mathematiker an Auteur (1801-1859) publizéiert.

Den Antoine Meyer huet als „*Grondprinzipien vun der Schreifweis vun eisem Dialekt*” festgehalen, datt sech um Däitschen orientéiert gëtt. Wa méiglech soll d’Schreifweis vum ursprénglleche Wuert erhale bleiwen, Duebel- oder



Art. 30.

Der Gebrauch der deutschen und der französi-schem Sprache steht Jedem frei; es darf derselbe nicht beschränkt werden.

Art. 30.

L’emploi des langues allemande et française est facultatif. L’usage n’en peut être limité.



E' SCHREK

OB

DE' LEZEBURGER PARNASSUS.


VUM

A. Meyer.

LEZEBURG,

BEI J. LAMORT, OB DER PLACE-D'AAREM.

1829.



VIRWUURT.

D'ZEIT erlaabt mer et net fir dem geéherte' Publicum an desem éschten Drock, de' ganze' Kreez vun de' Regelen virzestellen, dé mer als Fondement zur Orthographie vu' menge' Verse' gedengt hoien. Ech komme' vielleicht méh spét an d'Gelehnheed, iver de Bau von onzem Dialekt, a' grammatikalischer Hinsecht ze schreiven. Ech hoie' scho' vill Materialien fir dé Aarbecht bei eneen, och kan ech dem geéherte' Lieser eppes Klengs, nu' ganz netzelech, iver d'Vokalen an d'Konsonante' matdeelen.



Lexicon

der

Luxemburger Umgangssprache

(wie sie in und um Luxemburg gesprochen wird)

mit

hochdeutscher und französischer Uebersetzung
und Erklärung,

verbunden

1° mit Vergleichungen aus dem Celtischen, dem Mittelalter, dem Mittellatein, dem Teutonischen, Ober- und Niederdeutschen, Angelsächsischen, Englischen, Italienischen, Spanischen, der Gaunersprache, u. s. w.;
2° mit den Kunstausdrücken der verschiedenen bürgerlichen Gewerbe;
3° mit den üblichsten Sprüchwörtern und Redensarten;
4° mit den eingebürgerten französischen Wörtern, und mehrern auf das Wort passenden Anecdoten und Wahlsprüchen,

von

J. F. Gangler,

Luxemburg,
Verlag von V. Hoffman, Buchhändler.

1847.

Eenzelbuchstawe gi respektiv d'Längt an d'Kierzt vun de Lauter un. An deemools scho formuléiert de Meyer d'Reegel, datt de Buschtaf <n> um Wupp vum Wuert dacks geläscht gëtt:

„*Den n, z. B., am Enn vun de Wiirder, faellt bei enger Konsonant, dé drob folgt, aus; de' Konsonant muss over keen d, t oder z sen.*"

1847 huet de Jean-François Gangler, Zaldot, Policekommissär, Professer an Iwwersetzer, den éischte Lexikon vun der geschwater Lëtzebuerger Sprooch publizéiert, mat Iwwersetzungen op Däitsch a Franséisch.

Vum Jean-François Gangler ass weeder Foto nach Bild oder Zeechnung bekannt.

## E groussen Hexemeeschter, eng Lokomotiv an e Fuuss

D'Fundamenter vun der Literatur an der Lëtzebuerger Sprooch goufe vun dräi Auteure geluecht, déi bis haut als Begrënner vun der Lëtzebuerger Literatur gëllen, dem **Edmond de la Fontaine, alias Dicks** (1823-1891), dem Michel Lentz (1820-1893) an dem Michel Rodange (1827-1876).

Den Dicks, Jurist, Auteur a Museker, ass bekannt fir seng Theaterstécker *Mumm Séiss* (1855), *De Scholtschein* (1856), *De Koséng oder Schwârz oder Blont* (1856), *D'Kirmesgèscht* (1856). Seng Lidder a Gedichter si populär bis haut:

*Gëff mer eng Bees, Ech sinn e groussen Hexemeeschter,*
*Et wor emol e Kanonéier, D'Vulleparlament am Gréngewald,*
*De Wëllefchen an de Fiisschen.*

De **Michel Lentz**, Staatsbeamten, huet haaptsächlech Gedichter geschriwwen an ass den Auteur vun de bekannten Texter vun der Nationalhymn, der *Heemecht*, a vun dem *Feierwon*.



*Antoine Meyer.
Centre national de littérature (oder: CNL), AN-60. Lithographie Edouard Meyer (Original MNAHA). Nach einem Ölgemälde von Edouard Meyer, Université de Liège*



*Dicks.
Centre national de littérature (oder: CNL), F 7-1. Fotograf: Charles Bernhoeft*



*Michel Lentz.
Centre national de littérature (oder: CNL), AN-71. Fotograf onbekannt*

*De Feierwon, deen ass bereet,
E päift durch d'Loft a fort e geet,
Am Dauschen iwwer d'Strooss vun Eisen,
An hie geet stolz den Noper weisen,
Datt mir nun och de Wee hu fonnt,
Zum éiweg grousse Vëlkerbond,
Kommt hier aus Frankräich, Belgien, Preisen,
Mir wëllen Iech ons Heemecht weisen,
Frot Dir no alle Säiten hin,
Mir wëlle bleiwe wat mir sinn.
Frot Dir no alle Säiten hin,
Wéi mir esou zefridde sinn*

*Le chariot de feu est prêt,
il siffle à travers les airs et démarre
bruissant sur la voie de fer,
il va montrer fièrement à nos voisins
que nous aussi avons trouvé le Chemin
de la grande Société des Nations.
Venez de France, de Belgique, de Prusse
nous souhaitons vous montrer notre patrie,
Informez-vous à gauche et à droite,
nous voulons rester ce que nous sommes.
Informez-vous à gauche et à droite,
et vous saurez que nous sommes contents.*

De **Michel Rodange** gëllt als dee wichtegsten Auteur vun der Lëtzebuerger Sprooch. A senger Versioun vum *Reineke Fuchs*, dem *Roman de Renart*, mat sengem Epos *Reenert* huet hien e Wierk an e Personnage geschafen, mat deem sech d'Lëtzebuerger identifizéiert hunn.

Déi éischt Direktesch vum Nationale Literaturzenter Germaine Goetzinger huet am Joer 2000 iwwer de Rodange geschriwwen, am Buch: *Lëtzebuergesch „eng Ried, déi vun allen am meeschten ëm eis klèngt" (A. Meyer). Eine Sprache geht ihren Weg: Vun „onst Däitsch" zu „eis Sprooch":*

> *„Rodanges Epos bricht mit dem Festkantatenton, in den Lentz oft verfällt. Sein Bild von Luxemburg hat nichts mehr vom patriotischen Pathos, sondern es gibt eine sozialskeptische und sozialkritische Sicht einer verlogenen und gierigen Herrschaftsschicht und eines ungebildeten und verdammten Volkes."*
>
> *„Sprachlich gelingt Rodange zweierlei. Er ist der erste, der die metrischen und rhythmischen Möglichkeiten des Luxemburgischen entwickelt und voll ausschöpft.*
>
> *Um der zeitgenössischen Gesellschaft den Spiegel vorzuhalten, öffnet Rodange zudem fiktive Sprachräume, in denen Luxemburgisch in seiner Variantenbreite*



*Portrait vum Michel Rodange, gemoolt vum Frantz Seimetz. MNHA. Foto: Marc Barthelemy*

*vorgeführt wird. Die skeptische, ironische und kritische Darstellung der Kater, Wölfe, Bären, Löwen, Äffinnen und des schlauen und skrupellosen Aufsteigers Renert gelingt nur, weil Rodange es versteht, das demokratische Potential der Volkssprache in der Literatur nutzbar zu machen."*

De Michel Rodange ass als Nanettsméchel zu Waldbëlleg opgewuess. Hie gouf do den 3. Januar 1827 gebuer, also viru geschwënn 200 Joer. Hien huet, ongewéinlech fir en Duerfkand vu senger Zäit, de Lycée besicht a gepackt, an huet sech op der Normalschoul ageschriwwen, fir Schoulmeeschter ze ginn. Dat war hien dann och, zu Steesel an an der Fiels. Hien huet sech dunn decidéiert, fir Pikär ze ginn, an huet zu Iechternach, op der Kap an zu Wolz geschafft. Domat huet sech dem Michel Rodange seng finanziell Situatioun staark verbessert, par rapport zu engem deemools aarmséileg bezuelte Schoulmeeschter.[1]

1854 huet de Michel Rodange sech mam Madeleine Leysen bestuet. Si kruten zéng Kanner, wouvun der just véier grouss gi sinn, zwee Jongen an zwee Meedercher, déi awer selwer keng Kanner kruten. Dem Michel Rodange säi Jong, Albert Rodange, war vun 1896 bis 1921 Chef-Ingenieur vun der Bauverwaltung[2].

De Michel Rodange huet schonn a jonke Jore gären a vill geschriwwen, fir d'éischt emol nach op Däitsch. Seng éischt Gedichter goufe vun 1854 un an der Dikrecher Zeitung *Der Wächter an der Sauer* publizéiert. En huet sech mat däitscher, franséischer a griichescher Literatur beschäftegt. 1872 koum säin Haaptwierk eraus, *Reenert oder de Fuuss am Frack an a Maansgréisst*. Dat gouf kee Succès, wat hien immens enttäuscht huet.

Dem Michel Rodange seng Gesondheet war net gutt an hien ass jonk, mat knapps 50 Joer, de 27. August 1876 gestuerwen, also viru bal 150 Joer. Hien huet deemools an der Stad gewunnt, wou hien un den Aarbechte fir d'Schläife vun der Festung bedeelegt war.

A senge Wierker a virun allem a sengem Reenert huet de Rodange dacks Bezuch geholl op säin Heemechtsduerf an d'Géigend, an där hien opgewuess war. Hie war och ganz frou, an der Fiels ze wunnen, wéi en do Schoulmeeschter war, well dat no bei Waldbëlleg war.

1 Vun 1844 bis 1874 gouf et bei der Bauverwaltung d'Karriär vum Kantonalpikär (piqueur cantonal). De Pikär huet d'Uleeën an d'Ënnerhale vun de Gemengeweeër organiséiert an iwwerwaacht. De Beruff war mat grousse Fräiheeten an enger kuerzer Hierarchie verbonnen. Merci fir d'Recherche vun deenen Informatiounen un de Jean-Luc Schleich

2 Den Albert Rodange huet d'Pläng vun der Neier Bréck, der Adolfbréck an der Stad mat hirem grousse stenge Bou, entworf, déi hien dunn zesumme mam franséischen Ingenieur Paul Séjourné baue gelooss huet.



*Michel Rodange. Centre national de littérature (oder: CNL), AN-49. Fotograf: Dominique Kuhn*



*Den Haarthaff virun iwwer 50 Joer.*
*Foto: Fam. Goergen-Ludowissy*



*Den Haarthaff haut. Foto: Olivier Glod*

**Hei en Auszuch aus dem IX. Gesank:**

Ech sot: „E Mëttel! Monnonk!
'T as Fuesecht a geroden:
lo gi mer no Waldbëlleg
an heesche Fuesechsbroden.

Do muss den Äerchesbauer
e fetten Hammel hunn.
E brauch en net ze schluechten:
Mir man e Brot dervun.

A gitt der mat mer, Monnonk,
mer ginn op Bëlleg zou,
do ass all Kand a Këndchen
beim Fuesechsliddche frou.

Se sangen d'Biergerjongen
se maache Paangechsdeeg,
se heesche Bir'n a Bounen:
Speck, Är, mä keng Streech.

All Haus an och all Haischen
huet do eng lësteg Zuucht,
beim Paangech a beim Kaffi,
beim Liddchen an der Uucht.

An Äerches spillt de Wenzel
beim Danzen op der Gei:
Do geet äis bei dem Lärem
dat Dénge gutt an d'Rei."

De Wollef war zefridden.
Mer goungen d'selwecht Nuecht,
an all meng Plange waren
zerguttster iwwerluecht.

[...]

Drop wëschen ech dann heemlech
zum Haarthaff an op Haler.
Jong Huese wollt ech sichen:
ech foung en etlech aler.

Am Jamerdall, wie koum do!
Mäi gudden Isegrem!
Ech mengt, et wär net méiglech,
e kéim als Geescht erëm!

Ech sot: „Mä Här Professer,
mä ass da schuns Vokanz?
Dir huet de Fuesechsbreetchen
dach sécher an der Panz?"

„Nee," sot en, „awer Schrouden
aus méi als zwanzeg Leefen;
der Däiwel soll och huelen
all Kueschten an all Greefen!"

„Am Schoulfach," sot ech, „Monnonk
ass näischt, wat mech verwonnert;
vill Bessre gung et schlechter,
ech nennt Iech der wuel honnert.

Ma loosst Iech dat net reien,
ech son et bei Iech zou:
op Iech géif d'Schoulamt leien
wéi d'Gei op enger Kou"






*Fotos: ZLS*



*Illustratioun Mia Kinsch. SCRIPT. Foto: Marc Barthelemy*

**Recommandéiert Publikatiounen**

Et ginn haut zwou exzellent Editioune vum *Reenert* an de Bicherbutteker.

Dat eent ass déi Editioun mat de Kommentare vum Romain Hilgert. Den Hilgert war deen éischten, dee systematesch all Situatiounen a Persounen nogesicht huet, op déi sech de Rodange bezunn hat, a gewisen huet, a wéi engem Mooss de *Reenert* d'Mëssstänn an der deemoleger Gesellschaft kritiséiert hat, d'Korruptioun an de Mëssbrauch bei Politiker, bei räiche Leit a bei Geeschtlechen. Och wann de Rodange am Géigesaz zum Hilgert net eng systematesch Kritik am Sënn hat, bitt dëst Buch eng extreem interessant Vue op de litteraresche Geschéck vum Rodange an op déi deemoleg Zoustänn.

*Renert – De Fuuss am Frack an a Maansgréisst*.
Michel Rodange. Romain Hilgert an Zesummenaarbecht mat den Éditions Guy Binsfeld. Lëtzebuerg 2020.
ISBN 978-99959-42-64-9. 38 Euro.

2023 huet den Educatiounsministère eng Versioun an der aktueller Schreifweis vun dem Michel Rodange sengem *Reenert* erausbruecht fir déi iewescht Klasse vun de Lycéeën.

Dee selwechte Moment gouf op Internet *op* ***www.lux.lu*** eng englesch Versioun publizéiert: *Reynard the Fox*. Och dat war en Optrag vum Educatiounsministère.

Den engleschen Text ass vum Jeff Thill.

*Et war esou ëm d'Päischten,*
*'t stung alles an der Bléi,*
*an d'Villercher di songen*
*hir Lidder spéit a fréi.*

*Du rifft de Léiw, de Kinnek,*
*all Déier op e Fest*
*am Gréngewald zesummen,*
*an ,t koumen all seng Best.*

*[...]*

*Den Huer, de Bier, de Wollef,*
*se stielen, datt et flaamt:*
*grouss Schelme gi veréiert,*
*di butzeg gi verdaamt.*

*D'Welt ass e Sak voll Kriibsen,*
*wou een deen aner zwéckt;*
*di iewescht gi gejuppelt,*
*di ënnescht ginn zerdréckt*

*It was around Whitsun time,*
*all things were blossoming,*
*birds were gaily singing songs*
*from morn' till evening*

*Then called the Lion, the King,*
*all animals to a feast,*
*he gathered in Green Forest*
*the finest of his beasts.*

*[...]*

*The Hawk, the Bear and the Wolf,*
*they rob each husk and corn.*
*The biggest crooks are worshipped,*
*the little ones they scorn.*

*A sack of crabs is our world*
*where all are roundly tweaked,*
*the ones on top are jostled*
*the ones below are squeezed*


2017 huet d'Waldbëlleger Gemeng fir den 190. Gebuertsdag vum Michel Rodange e Buch erausbruecht, dat ausféierlech iwwer dem Rodange säi Liewen a seng Wierker informéiert huet.

Marc Barthelemy, Marcel Ewers a Jean-Luc Schleich,
*De Michel Rodange a seng Heemechtsgemeng Waldbëlleg*,
2017, 308 Säiten.

D'Buch ass nach ëmmer op der Gemeng ze kréie fir 40 Euro. Do dra sinn ausféierlech Reportagen iwwer d'Feierlechkeeten vun 1927 a vu spéideren Datumer. D'Gemeng Waldbëlleg gëtt ausféierlech presentéiert mat hire Lokalitéiten a bemierkenswäerte Plazen, wéi z. B. där heiten am IV. Gesank:

*Fotoen: Marc Barthelemy*





*Ech sot: „'T si Reimatismen;*
*kuckt, wéi dat Mënsch do läit!*
*Se seet, ech soll se schmieren,*
*an ech hu guer keng Zäit.*

*Ech si geruff vum Kinnek;*
*ewell e schrouf mer hënt.*
*'T ass eppes, wat presséiert;*
*gär bléif ech, wann ech kënnt.*

*Géif Dir net wëlle bleiwen*
*eng Stënnchen hei beim Bett*
*a si e bësse reiwen*
*mat hei deem Ieselsfett?*

*Dir sidd jo hallwer Dokter,*
*an 't ass mer guer net baang,*
*Dir waart jo am Freckeisen*
*an och beim Päerdsklos laang."*

De Päerdsklos huet Nikolas Gouverner geheescht. Hie gouf 1778 gebuer zu Dahnen an der haut däitscher Äifel, déi bis zum Wiener Kongress 1815 zu Lëtzebuerg gehéiert huet, dat als *Département des Forêts* vu Frankräich besat war.

De Gouverner huet sech am Klëppelkrich engagéiert, deen d'Baueren am Lëtzebuerger Éislek an an der Äifel géint déi franséisch Besatzung gefouert hunn. Si haten absolut keng Chance a goufe vun der franséischer Arméi massakréiert. Just mat vill Chance huet de Gouverner iwwerlieft. Spéider huet en um Kitzebuer gewunnt an der deemoleger Gemeng Miedernach, op der Héicht net wäit ewech vum Freckeisen. Hien ass als Päerdsklos bekannt ginn, dee sech mat Kraider auskannt huet an wosst, kranke Päerd a soss Béischten ze hëllefen. En huet seng Rezepter och de Leit ginn, déi bei e koumen, an e gouf dofir um Geriicht zu Dikrech veruerteelt, well e Leit behandelt huet, ouni en Dokteschdiplom ze hunn. En ass 1841 gestuerwen.

Méi ausféierlech Informatiounen iwwer Freckeisen an de Päerdsklos stinn am FUUSS 2017, op de Säiten 255 bis 258. Déi al Nummere vum FUUSS fënnt een iwwer de Site ***www.waldbillig.lu***: Ënner <Actualités – Archives Publications> op de Link am Encadréierten drécken. An deem FUUSS steet vun der Säit 259 un de Reportage vun de Festivitéite fir den 190. Gebuertsdag vum Rodange, déi am Juli 2017 waren.

## D'Fiissche-Monument um Knuedler an der Stad an d'Maquette zu Waldbëlleg

De 5. Juni 2024 koum de Fiischen erëm hannescht op de Knuedler, schéin nei gemaach. Hie war eng laang Zäit net do gewiescht, well d'Monument riskéiert hat ze kippe wéinst den Aarbechten op der Plaz.

Dat Monument steet zanter 1932 do. Nodeems de Michel Rodange mat sengem Reenert laang Jore wéinst de gesellschafts- a kierchekriteschen Aussoen ignoréiert an erofgemaach gi war, gouf dat anescht no de Feiere vun 1927 fir säin honnertjärege Gebuertsdag.

Mee och du war de Michel Rodange net bei jiddwerengem beléift. D'Monument gouf privat finanzéiert an iwwer e Concours ausgeschriwwen. Géint all Widderstänn huet de Comité vun der Initiativ et fäerdegbruecht, genuch Suen ze sammelen an den Accord vun der Gemeng Lëtzebuerg ze kréien. *„Dies ist eines der Denkmäler, die es wirklich bis zur Errichtung und zur Enthüllung brachten. Dank der unerbittlichen Energie, die den Denkmalausschuss von seinem Vorsitzenden her belebte",* huet de Batty Weber a sengem Kalennerblat vum 15. Juni 1932 geschriwwen.

Et goufen dräi Präisser bei deem Concours, vergi vun engem internationale Jury. Den éischte Präis goung un de Professer Jean Curot aus der Handwierkerschoul. Den zweeten an den drëtte Präis krut de Claus Cito.

*De renovéierte Fiisschen 2024. Fotoe: Marc Barthelemy*







Och matgemaach hat den Auguste Trémont, deen e Monument am Stater Park wollt virgesinn, e Sprangbuer mat de Reenert-Déiere ronderëm.

D'Monument ass vum Professer Curot realiséiert ginn, mat senger Maquette als Virlag. Hien hat do d'Hëllef vum Sculpteur Mergen fir de Medaillon a vun de Kënschtler Demuth a Grosber fir d'Skulptur vum Fiisschen.

Den haitege Fiisschen um Knuedler ass net méi deeselwechten ewéi bei der Aweiung. Am November 1979 hate Vandalen de Fiisschen därmoosse beschiedegt, datt en huet missen ewechgeholl ginn. Déi eidel Plaz war du séier vun engem roude Fiissche squattéiert ginn, deen déi deemoleg *Alternativ Lëscht* virun de Walen dohinner gestallt hat. Et sollt bis 1981 daueren, bis eng Replik vum Fiisschen dem Monument erëm seng ursprénglech Form ginn huet.

Dem Professer Curot seng Maquette vum Monument, mat där hien de Concours gewonnen hat, koum an d'Gemeng Waldbëlleg. Mat de Joren hat se gelidden; e Stéck vum Fouss war ofgebrach an d'Faarf war op enger Partie Plazen ofgebliedert. 2018 huet de Gemengerot decidéiert, déi Maquette restauréieren ze loossen. Den Optrag fir d'Restauratioun goung u *Les Ateliers du Luxembourg* vu Buerglënster. Dono stoung se ënner Glas am Hentgesbau a wäert sécher och an der neier Gemeng eng Éiereplaz fannen.



*Maquette virun der Restauratioun vun 2018.*
*Foto Elisabeth Koltz*

Et gouf ee weesentlechen Ënnerscheet tëscht der Maquette an dem Monument. Et ass net ewéi bei der Maquette eng véiereckeg Plack mam Kapp vum Michel Rodange vir am Mëttelpunkt; op de Monument koum e ronne Medaillon.

Méi ausféierlech Informatiounen iwwer d'Monument um Knuedler an d'Maquette op der Waldbëlleger Gemeng stinn am FUUSS 2018-2, op de Säite 50 bis 55. Déi al Nummere vum FUUSS fënnt een iwwer de Site ***www.waldbillig.lu***: Ënner <Actualités – Archives Publications> op de Link am Encadréierten drécken.




FIELDKITCHEN
CP
60
9
AIDSTATION
DEPOT





# ONS HEEMECHT AM KRICH. 80 JOER DUERNO

De 5. bis de 7. Juli 2024 ass zu Suewelbuer ënner dem Motto „Ons Heemecht am Krich - 80 Joer duerno" un d'Ardennenoffensiv erënnert ginn, déi jo zu Waldbëlleg, zu Haler an och zu Suewelbuer Enn 1944 fir vill Schued gesuergt hat. D'Initiativ geholl hat Quadriga Luxembourg, an un der Organisatioun bedeelegt waren déi zwou Gemengen, Waldbëlleg an d'Ärenzdaller Gemeng.


Freides war e Programm fir d'Schoulkanner aus dem C4 aus deenen zwou Gemengen, wou si vun enger Statioun op déi aner gaange sinn, mat Jeepen, mat Ierbessebulli aus enger Gamell asw.

Samschdes a sonndes konnt de Public de ganzen Dag un Aktivitéiten matmaachen an Ausstellunge kucken. Samschdes owes war déi offiziell Zeremonie, mat Cortège, Blummennéierleeung an Éierewäin.

*Marc Barthelemy*
*Fotoen: Raymond Brausch, Pierre Haas*



































# SOCIÉTÉ PRÉHISTORIQUE LUXEMBOURGEOISE S. P. L.

D'Organisatioun an de gudde Verlaf vum Plënnere vun der Bibliothéik a vun dem Här Ewers senger Sammlung aus dem Waldbëlleger Schoul- a Sportzenter an de Mëllerdall waren an de leschten dräi Méint d'Haaptsuerg vum Comité. Den Transfert gouf den 30. Juni ofgeschloss. Eng Partie Bicher goufen a Këschte gelooss an a gudde Konditiounen zu Chrëschtnech am fréiere Paschtoueschhaus gelagert. Dat huet perfekt geklappt duerch déi gutt Organisatioun vum Aarbechtsgrupp Bibliothéik a mat der exzellenter Ënnerstëtzung vun de Mataarbechter vun der Gemeng beim Transport vu 7.500 Bicher an dem Opbau vun de Regaler. En décke Merci fir si!

Dat neit Lokal ass e Sall vum fréieren Hôtel des Cascades, dee vun der Gemeng wärend den Aarbechten am Waldbëlleger Schoul- a Sportzenter zur Verfügung gestallt gëtt. Wéi an der Vergaangenheet ass d'Bibliothéik all drëtte Mëttwoch am Mount oder op Ufro op.



*Virun der Transformatioun vum Schoul- a Sportzenter: d'Bibliothéik Waldbëlleg beim Plënnere vun de 7.500 Bicher a vun der archeologescher Sammlung vum Här Ewers. Foto: Marie-Paule Wagener.*



*Den neie Raum vun der S. P. L. mat der Bibliothéik am grousse Sall um Rez-de-chaussée vum fréieren Hôtel des Cascades am Mëllerdall. Foto: Marie-Paule Wagener.*



*Nuit de la Préhistoire 2024. Foto Jerry Grün*

An Zesummenaarbecht mam Natur- & Geopark Mëllerdall (NGPM) konnt den 22. Juni eng „Nuecht vun der Virgeschicht" organiséiert ginn. Den NGPM huet a sengen administrative Raimlechkeeten zu Beefort e grousse Versammlungssall mat engem Projekter; do war eng Konferenz iwwer d'Notze vum Feier am Paleolithikum. Dono war eng Nuetswanderung an der Halerbaach, déi vun Dausende vun Nuetsfénkelcher beliicht gouf, zu der grousser Freed vun alle Participanten.

Tëscht S. P. L. an Institut national de recherches archéologiques (INRA) ass eng Konventioun ënnerschriwwe gi fir d'Léine vun engem Deel vun der Sammlung Roger Wagner. De „Fundstellenkomplex N" iwwerlappt mat bestëmmte Sitten, déi vum Här Ewers exploréiert goufen, an ass domat en integralen Deel vun der Etude, déi aktuell iwwer den Neolithikum am Raum Beefort-Iermsdref-Miedernach-Waldbëlleg gemaach gëtt. Aus Sécherheetsgrënn wëllt d'INRA, datt dëst Material am Regional Research Center vum Tëttelbierg am Fond-de-Gras ënnersicht gëtt.

*Text: S. P. L., Iwwersetzung: Marc Barthelemy*

**19. Oktober 2024, 14:00 - 16:30 Auer**

**Départ: Parking A Kack, rue du Pont, Echternach**

## Zeechen um ale Steen zu Iechternach

Als Verglach zu de Spueren op de Fielsen am Bësch kucke mir an der Stad no historesche Schläifrillen, Schabmulden, Steemetz- a Waasserstandszeechen op ale Gebaier. Dir gitt gefouert vu Jerry Grün a Georges Jomé.

**8. November 2024, 19:00 - 20:30 Uhr**

**Kärespäicher, Heringer Millen, Mëllerdall**

## Pfahlbauten aus der Schweiz

### Froschschenkel, Trüffel & Fischbandwurm

**Urs Leuzinger**

Dank der hervorragenden Erhaltungsbedingungen im wassergesättigten Sediment finden sich in den jungsteinzeitlichen Pfahlbausiedlungen der Schweiz neben Keramikscherben, Tierknochen und Steinwerkzeugen auch Reste aus organischem Material wie Holz, Bast, Lein sowie Samen und Früchte. Der Archäologe Urs Leuzinger führt auf eine spannende Zeitreise in die Jungsteinzeit und stellt die „steinreiche" Vergangenheit an den Schweizer Seeufern vor. Neben Steinbeilen und Pfeilspitzen werden auch 5500 Jahre alte Holztassen, Angelschnüre und Fischbandwürmer vorgestellt.

Anschließend an den Vortrag offeriert die S. P. L. ein kleines Apéro.

*Der Archäologe Urs Leuzinger studierte von 1986 bis 1992 Ur- und Frühgeschichte, Botanik, Geologie und Anthropologie/ Anatomie an der Universität Basel. 1999 folgte die Dissertation mit einer Arbeit zur jungsteinzeitlichen Seeufersiedlung Arbon-Bleiche 3 und 2007 die Habilitationsschrift zur Pfahlbausiedlung Pfyn-Breitenloo. Seit 1999 ist Urs Leuzinger Leiter des Museums für Archäologie des Amtes für Archäologie des Kantons Thurgau. Er unterrichtet regelmäßig an den Universitäten Innsbruck und Zürich. In der Freizeit erforscht er mit einem Team von freiwilligen Archäologinnen und Archäologen den schweizerischen Alpenraum.*



*Foto: Damaris*

# LIEWEN AN DER GEMENG // *VIE RURALE*



*Foto: Luc Friedrich*

# DUERFFEST

De 14. Juli war zu Waldbëlleg an der Bushal d'Duerffest. D'Gemeng hat dat zesumme mat de Veräiner organiséiert.

Iessen a Gedrénks waren natierlech ewéi gewinnt variéiert a gutt. D'Kanner ware gutt versuergt. Fir d'Aktualitéit war och gesuergt, mat Iwwerdrounge vun Tour de France a Fussballeuropameeschterschaft.

*Fotoen: Luc Friedrich*



























TOUR DU DUERF
Responsabel fir meng Gemeng

# PRÄISIWWERREECHUNG TOUR DU DUERF 2023



Den 29. Januar kruten déi dräi Gewënner vum TOUR du DUERF 2023 – d'Gemenge Waldbëlleg, Grousbus-Wal an de Kanton Réiden – hir Plaquette vun der Ministesch Yuriko Backes iwwerreecht, dëst an enger klenger sympathescher Feier am Oekosoph am Pafendall.



An der Kategorie „Aktive ParlamentarierInnen" ass d'Gemeng Waldbëlleg op der 1. Plaz vun den insgesamt 65 Gemengen.

Bei där Geleeënheet war och gewuer ze ginn, datt d'Klima-Bündnis Lëtzebuerg a ProVelo fir dësen Hierscht eng ganz nei Veloskampagne plangen, mat Ënnerstëtzung duerch de Mobilitéitsministère, eng Kampagne, déi dann den TOUR du DUERF an den „Mam Vëlo op d'Schaff oder an d'Schoul" soll ersetzen.

*Text: Filipe Soares*
*Fotoen: Ministère de la Mobilité et des Travaux publics (MMTP)*



# MAT DER SÉISSEL D'BIODIVERSITÉIT AM GAART ERHALEN

Enn Mee hat den Natur- & Geopark Mëllerdall am Kader vum Projet „D'Naturparken zu Lëtzebuerg – (een) Insekteräich" e Séisselcours organiséiert. Dës Aktivitéit soll weisen, wéi mer d'Diversitéit vu Planzen an Insekten am eegene Gaart ënnerstëtze kënnen.

D'Aktioun mat Sticker ,,Méi net am Mee" uechter d'ganzt Land huet jo schonns drop opmierksam gemaach, wéi wichteg et ass, d'Gras net iwwerall ,,propper" ze méien, mee Ecker oder Ränner ze loossen, wou Wëllblummen a Wëllkraider kënne wuessen. Si sinn e wichtege Liewensraum fir d'Insekten a Klengdéieren, wéi z.B. den Igel. Duerch d'Zouloosse vu wëllen Ecken, ka jiddereen op eng einfach Aart a Weis säin Deel zum Erhalt vun der Aartevillfalt bäidroen.

Aus deene Grënn wier et am Beschten, eréischt no Mëtt Juni, oder wann d'Margréidercher verbléien, fir d'éischt





ze méien, an och net alles mateneen. D'Séissel ass eng interessant Alternativ zur Méimaschinn. Wat ass de Virdeel vum Méie mat der d'Séissel?

1. Si méit d'Gras op eng ëmweltschounend Manéier.

2. D'Séissel mécht kee Kaméidi (et kann een och sonndes méien).

3. D'Beweegung mat der Séissel ass meditativ an hält fit: De Schwong kënnt aus der Hëft. Et ass eng gutt Übung fir de Réck an de Bauch. D'Sue fir de Fitness si gespuert! Oppassen: Et ass keng Kraaftübung.

**Hei nach weider Detailer vun der Conny Bourgmeyer vum Natur- & Geopark Mëllerdall:**

An de Privathaushalter gëtt ganz heefeg ee sougenannte Mulchmäher agesat fir de Wues ze méinen. Dobäi gëtt de Gréngschnëtt ganz reng gehäckselt an nees op der Fläch verdeelt. Allerdéngs ginn dobäi och d'Liewewiesen déi sech an der Fuerspuer befannen, virun allem Insekten an hir Larven, net virum sécheren Doud verschount. Duerch déi lues Beweegung beim Méine mat der Séissel hunn d'Insekten d'Occasioun fir séier ze flüchten.

No dem Méine mat der Séissel sollt een de Gréngschnëtt am Idealfall nach ronn zwee Deeg op der Fläch léie loossen, fir datt de Som vun de Wëllblummen sech verdeele kann. De Gréngschnëtt sollt no dësem Zäitraum awer onbedéngt oftransportéiert ginn, fir ze verhënneren datt de Buedem ze vill mat Närstoffer ugeräichert gëtt. Op närstoffräiche Biedem dominéieren nämlech haaptsächlech Grieser, déi schnell wuessen an doduerch d'Wëllblummen ënnerdrécken.

*Text a Fotoen: Isabelle Oberlé a Conny Bourgmeyer*

# LIFELONG LEARNING UND ACTIVE AGEING IM CLUB AKTIV PLUS AN DER LOUPESCHT

Willkommen im Club Aktiv Plus An der Loupescht! Wir setzen uns dafür ein, dass Menschen jeden Alters Freude am Lernen und Aktivsein finden. Lifelong Learning und Active Ageing sind bereichernd und helfen ein aktives und erfülltes Leben zu führen.

### Was bedeutet Lifelong Learning?

Lebenslanges Lernen bedeutet, dass man nie aufhört, neue Dinge zu lernen. Egal, ob Sie 20 oder 80 Jahre alt sind – es gibt immer etwas Neues zu entdecken. Es hält den Geist fit, fördert die Kreativität und hilft, mit den schnellen Veränderungen in der Welt Schritt zu halten. Durch ständiges Lernen bleiben wir neugierig und offen für Neues.

### Was ist Active Ageing?

Active Ageing bedeutet, dass wir auch im Alter aktiv und gesund bleiben. Dabei geht es nicht nur um körperliche Fitness, sondern auch um geistige und soziale Aktivitäten. Active Ageing fördert Wohlbefinden, beugt Krankheiten vor und erhält die Unabhängigkeit.

### Unsere Angebote

Wir bieten zahlreiche Aktivitäten, die Lifelong Learning und Active Ageing unterstützen:

- **Kurse und Workshops:** Sprachen, Computer, Kunst, Kochen. Geeignet für Anfänger und Fortgeschrittene, ideal zum Lernen und Leute kennenlernen.
- **Fitness- und Bewegungsprogramme:** Yoga, Nordic Walking, Tanz, Gymnastik. Diese Programme sind gesund und machen Spaß.
- **Gesellige Veranstaltungen:** Spielenachmittage, Buchclubs, Filme, Ausflüge. Perfekt zum Entspannen und Freundschaften schließen.

### Warum sollten Sie teilnehmen?

Teilnahme an unseren Aktivitäten hat viele Vorteile:

- **Geistige Fitness:** Neues lernen hält Geist und Gedächtnis fit.
- **Körperliche Gesundheit:** Regelmäßige Bewegung verbessert Fitness und Wohlbefinden.
- **Soziale Kontakte:** Treffen Sie Gleichgesinnte, erleben Sie Spaß und Freude in unseren Aktivitäten und schließen Sie Freundschaften.

### Fazit

Lifelong Learning und Active Ageing sind Schlüssel zu einem erfüllten und glücklichen Leben. Unser Team freut sich darauf Sie kennenzulernen! Kommen Sie vorbei und entdecken Sie unser vielfältiges Angebot.

### Kontakt

Sie haben Fragen oder möchten sich anmelden?

Dann erreichen Sie uns per Telefon: 27 55–33 95
oder per Mail: ***club-loupescht@croix-rouge.lu***
Oder kommen Sie nach Absprache vorbei!

Bleiben Sie aktiv, bleiben Sie neugierig –
wir freuen uns auf Sie!

---

### Contact

Vous avez des questions ou vous souhaitez vous inscrire ?

Alors vous pouvez nous joindre
par téléphone : 27 55-33 95
ou par mail : ***club-loupescht@croix-rouge.lu***
Ou passez nous voir sur rendez-vous !

Restez actifs, restez curieux -
nous nous réjouissons de vous accueillir !

# LIFELONG LEARNING ET ACTIVE AGEING AU CLUB AKTIV PLUS AN DER LOUPESCHT

Bienvenue au Club Aktiv Plus An der Loupescht ! Nous nous engageons à ce que les personnes de tout âge trouvent du plaisir à apprendre et à être actives. L'apprentissage tout au long de la vie et l'Active Ageing sont enrichissants et aident à mener une vie active et épanouie.

### Que signifie Lifelong Learning ?

L'apprentissage tout au long de la vie signifie que l'on ne cesse jamais d'apprendre de nouvelles choses. Que vous ayez 20 ou 80 ans, il y a toujours quelque chose de nouveau à découvrir. Cela permet de garder l'esprit en forme, de stimuler la créativité et de suivre le rythme des changements rapides dans le monde. En apprenant constamment, nous restons curieux et ouverts à la nouveauté.

### Qu'est-ce que l'Active Ageing ?

L'Active Ageing signifie que nous restons actifs et en bonne santé en vieillissant. Il ne s'agit pas seulement d'être en forme physiquement, mais aussi d'avoir des activités mentales et sociales. L'Active Ageing favorise le bien-être, prévient les maladies et préserve l'indépendance.

### Ce que nous proposons

De nombreuses activités qui soutiennent le Lifelong Learning et l'Active Ageing :

- **Cours et ateliers :** langues, informatique, art, cuisine. Convient aux débutants et aux avancés, idéal pour apprendre et rencontrer des gens.
- **Programmes de fitness et d'activité physique :** yoga, marche nordique, danse, gymnastique. Ces programmes sont sains et amusants.
- **Manifestations conviviales :** après-midi de jeux, clubs de lecture, films, excursions. Parfait pour se détendre et se faire des amis.




### Pourquoi participer ?

Participer à nos activités présente de nombreux avantages :

- **Forme mentale :** apprendre de nouvelles choses maintient l'esprit et la mémoire en forme.
- **Santé physique :** une activité physique régulière améliore la forme et le bien-être.
- **Contacts sociaux :** rencontrez des personnes partageant les mêmes idées, vivez des moments de plaisir et de joie dans nos activités et nouez des amitiés.

### Conclusion

L'apprentissage tout au long de la vie et le vieillissement actif sont les clés d'une vie épanouie et heureuse. Notre équipe se réjouit de faire votre connaissance ! Passez nous voir et découvrez notre offre variée.



Foto: Damaris



# MËLLERDALL-PLAGE 2024

Dëse Summer huet wärend véier Weekender déi drëtt Editioun vun der Mëllerdall-Plage stattfonnt, organiséiert vum Syndicat d'initiative vun der Gemeng Waldbëlleg a Kooperatioun mat sengem Partner Opyos Beverages an der Ënnerstëtzung vun der Gemeng Waldbëlleg.

Freides vu 16 bis 22 Auer, samschdes vun 11 bis 22 Auer a sonndes vun 11 bis 20 Auer goufe lokal Iesswueren a Gedrénks vun de Mëllerdaller Produzenten ugebueden. Fleeschplanchen, ewéi och Kéisplanchen, Pulled-Porc, Flammkuchen a Patatas Bravas goufen ugebueden. De Choix vum Gedrénks war nach méi grouss! E séllege lecker Cocktailer, verschidden Zorte Béier, Cider, lëtzebuergesch Softdrinks, mee och selwer gemaachte Limonaden stoungen op der Kaart.

Fir Stëmmung war och gesuergt, wärend de ganzen Deeg ass gemittlech Summermusek gelaf a samschdes owes ware souguer Live-Concerten. Fir den Openingweekend huet de Serge Tonnar fir Stëmmung gesuergt.

Um 2. Weekend huet de Sebastian Bungert eis besicht an um 3. Weekend de Chris vun All Reitz Reserved. De leschte Weekend huet den Dr. Gonzo sech et net huele gelooss, opzeleeën a fir e gemittlechen Ofschloss ze suergen.

Gréisstendeels huet d'Wieder eis an d'Kaarte gespillt. Mee och do stécht ee leider net dran, a mir hunn dat Bescht draus gemaach.

Mir soen jiddefalls jidderengem e grousse Merci, deen eis op der Plage besicht huet an hoffen, datt et Iech gefall huet.

*SIT Waldbëlleg*










# Vos trajets en un clic.
# Avec notre app Bummelbus.

**Le service Bummelbus est un service de transport collectif urbain et non urbain à la demande porte-à-porte complémentaire aux transports publics et privés.**

**L' app du Bummelbus vous permet de réserver votre bus 24/24h et 7/7j en toute facilité. Localiser votre Bummelbus en direct, paiement en ligne, indication du temps d'arrivée: Bummelbus - App.**

Powered by via

Forum pour l'emploi.

Available on the iPhone App Store

ANDROID APP ON Google play

# ULTRATRAIL MËLLERDALL LËTZEBUERG

Déi aachten Editioun vum Leopard UTML (Ultratrail Mëllerdall Lëtzebuerg) war de Weekend vum 13. a 14. September.






### D'Leefer konnten tëschent 5 Distanzen entscheeden

- Ultra-Trail 111 km
- Long-Trail 75 km
- Trail 32 km
- Shorty-Trail 21 km
- Kids-Adventure-Run



Start-Ziil vun den Distanzen iwwer 111, 75 a 35 Kilometer waren ewéi och schonn déi lescht Joren am Mëllerdall um Site vun der Heringer Millen.

D'Leefer, déi sech fir den Shorty-Trail vun 21 km entscheet haten, konnten am Mëllerdall vun enger gratis Navette bis bei de Start um Trooskneppchen zu Iechternach profitéieren, a sinn duerno awer am Mëllerdall duerch d'Ziil gelaf.

All déi, déi sech e bëssi am Mëllerdall an op de Wanderweeër auskennen, déi wëssen, datt et schonn net iwwerall esou einfach ass, den Trail ze trëppelen. Dofir ass et ëm sou méi bewonnerenswäert, datt knapp iwwer 1.000 Leefer sech ugemellt haten, fir dësen Challenge unzegoen.



# D'HEINZELMÄNNERCHER
## Äre Service de Proximité

## *Offre spéciale automne / Herbstangebot*

*Associatioun fir d'Erëm-Aféierung vun Demandeurs d'emploi an de Beruff an an d'Gesellschaft.*

*Déngschtleeschter vu klengen Aarbechte fir eeler Leit ab 60 Joer oder Hëllefsbedierfteger.*

### *Nous offrons :*

**Travaux de jardinage**

Ramassage des feuilles mortes, plantations, repiquage, taille des haies, préparation du jardin pour l'hiver.

**Interventions en sanitaire**

Déboucher un siphon, réparer un robinet qui fuit, etc.

**Travaux de bricolage**

**Petites réparations :** réparer la courroie d'un volet, changer une serrure ou une ampoule, etc.

**Petites rénovations :** peinture, tapisserie, menuiserie, carrelage, etc.

### *Wir bieten an:*

**Gartenarbeiten**

Welke Blätter zusammenfegen, pflanzen und umpflanzen, Hecken schneiden, Garten für den Winter vorbereiten.

**Sanitärarbeiten**

Abflüsse freimachen, tropfende Wasserhähne reparieren usw.

**Instandsetzungsarbeiten**

**Kleine Reparaturen:** Rollladen-reparatur, Austausch von Schlössern oder Glühbirnen usw.

**Ausbesserungsarbeiten:** anstreichen, tapezieren, Schreinerarbeiten, Fliesen auswechseln usw.

**Tarif TTC | inkl. MwSt: 17,5 €** par heure et salarié | pro Stunde & Mitarbeiter
**7,5 €** par heure et machine | pro Stunde & Maschine

# TÉL.: 28 80 80

CIGR Mëllerdall
Centre d'Initiative et de Gestion Régional

**CIGR Mëllerdall Association sans but lucratif**
Siège social : 76, route de Consdorf L-6551 Berdorf
RCS : F8901 | N° de matricule : 2011610304599
mellerdall@cig.lu | **mellerdall.cig.lu**

